

SEW JOURNAL

2/2023

BILDUNG AM MONOLOG
ALL AKTEURE GI GEFROT



OGBL
— D'GEWERKSCHAFT

Rédaction: Direction syndicale du SEW/OGBL

Les articles signés ne reflètent pas nécessairement la position du syndicat.

Abonnement: 25 € par an

No 2/2023

Parait jusqu'à 4 fois par an

Toute correspondance est à adresser au
SEW/OGBL
63 rue de Bonnevoie
L-1260 Luxembourg

Tél. 540545-323
courriel: sew@ogbl.lu

www.sew.lu

Éditeur responsable: Frédéric Krier

Imprimeur: IC Luxembourg

Publication du Syndicat Education et Sciences
dans l'OGBL / Syndikat Erzéitung a Wëssenschaft
am OGBL

Anciennement Journal des instituteurs

index

Editorial	03
SEW	05
Enseignement fondamental	23
Enseignement secondaire	35
AMELUX	44
APCCA	46
FGIL	56
Enseignement supérieur & recherche	60
Divers	65



Syndikat Erzéitung a Wëssenschaft am OGBL





Joëlle Damé
Präsidentin vum SEW/OGBL

Leitartikel

De MENJE huet ufanks Mee eng Campagne lancéiert, fir den Enseignantsberuff ze promouvéieren – alt nees, woubäi elo mat digital content. „Eis Enseignanten – méi wéi e Beruff“ ass de Slogan mat deenen ee jenk Leit an d’Educatioun lackele wéll. „Eis Enseignantë gestalten d’Zukunft vun dé-
ser Gesellschaft“: Wann dëst bestëmmt net aus der Loft gegraff ass, sou kann et engem beim Ukucke vun der Realitéit um Terrain baang ém déi Zukunft ginn.

Laut Planifikatioun solle pro Joer 300 nei Enseignante am Fondamental gebraucht ginn. D’Uni Lëtzebuerg, wou zanter 2005 d’Studenten a 4 Joer hire BScE maachen, huet vun Ufank un op ee selektive Rekrutement gesat, fir déi beschte Kandidate fir hir Ausbildung ze kréien.

Laang Zäit sinn némmer 100 Plazen opgemaach ginn, an net mol dës goufen all besat, doduerch dass net genuch Bewerber sech qualifizéiere konnten. Dass dës Rechnung op laang Weil net opgöe konnt, läit op der Hand. Gläichzäiteg ginn zanter der Reform massiv gutt ausgebildeten Enseignanten ofgezunn, fir programmatesch administrativ oder an den Direktiounen ze schaffen.

2017 hat d’Penurie e Punkt erreecht, wou se net méi ignoréiert konnt ginn. De MENJE huet doropshin den éischte Quereinstiegerprogramm lancéiert, deen op Drock vun de Gewerkschaften an dem Staatsrot (!), zäitlech op 5 Joer gedeckelt gouf. Fir den SEW/OGBL an de Landesverband war et vun Ufank u kloer, dass dës Mesure

némmer eng Noutléisung kéint sinn. De MENJE huet versprach, an deene 5 Joer, während deenen de Quereinstiegerprogramm lafe géif, no strukturelle Léisungen ze sichen – 5 Joer duerno kënnt also eng Videocampagne?

D’Uni Lëtzebuerg, op déi gläichzäiteg den Drock gewuess ass, genuch Enseignanten auszebilde fir d’Besoinen ze decken, ass ee Komproméiss betreffend hir Recruitementspolitik agaangen an et goufen elo bis zu 125 Kandidaten zur Ausbildung zugeleoss.

Allerdéngs gouf domat nach laang net de Seuil vun deenen 300 ugestrieften neien Enseignantë pro Joer erreecht. Et ass also net verwonnerlech, dass d’Enseignantspe-



nurie ee Suergenthema bliwwen ass, zemools wann ee bedenkt, dass ausserhalb vun de Schoulen monter weider fir Script, Ifen, an all méiglech Poste vun Instituteurs spécialisés rekrutéiert gouf.

De Minister Meisch huet nees eng Kéier d'Flucht no vir ugetrueden an am – méttlerweil gutt bekannten Alleingang – am Summer ugekënnegt, een neie Quereinsteigermodell fir déi nächst Rentrée anzeféieren, an zwar dës Kéier op illimitéiert Zäit. Vun der Rentrée 2023/2024 u gëtt de BFP-Bachelor en formation pédagogique – op der Uni Lëtzebuerg ugebueden.^[1]

Dëst stéisst net némmen de Gewerkschaften, mee och de BScE-Studente verständlecherweis sauer op. Ëmmerhin huet de Quereinsteiger, deen no engem Joer Crash-Cours d'Kärwësse vum Enseignant vermettelt kréie soll, dem BScE -Student géintiwwer de Virdeel, no 4 Joer direkt 2 Bachelor-Diplomen an der Täsch ze hunn, an deemno och d'Perspektive, an en anere Beräich wéi deem vun der Education wiesselen ze kënnen. Zwar gëtt am MENJE behaapt, dass just Kandidate fir de Quereinsteigermodell ugeholl ginn, wann net genuch BScE-Kandidaten do sinn. Mee engersäits ass dëst d'office de Fall, an anerer säits wäert d'Uni kaum e Kursus fir 7 Leit ubidden.

Honni soit qui mal y pense!

Dëst permanent Novirpreschen an hektescht Reagéieren op akuten Enseignantsmanktem léisst eng laangfristeg a gutt iwwerluechten, mat allen Acteuren am Konsens festgeluechte Strategie vermëssen.

Wéi soll d'Bildungsqualitéit verbessert ginn, wann d'Opnamkritäre fir op d'Uni verwässert, an eng Enseignantsausbildung an engem Joer nogeholl ka ginn?

Wat seet dat iwwert d'Bild vum Enseignant aus? Wat seet dat iwwert den Image vum Enseignant um Terrain aus, wann an de Campagnen émmer nees drop gepocht gëtt, dass een aner (yläicht besser?) Perspektiven huet, wéi virun enger Klass ze stoen? Dass déi „richteg“ Experten hir Platz wäit ewech vun der Schoul hunn, an iergendwelleche Büroen, wou si Pläng a Konzepter fir net spezialiséiert Enseignanten um Terrain entwerfen?

Mat „*The teacher matters*“ huet den John HATTIE d'Léierpersoun um Terrain geomengt. Den Enseignant, deen all Dag a senger Klass stéet, eng Bezéitung zu senge Schüler huet, an doduerch wäertvoll Bildungsaarbecht leeschte kann. D'Aarbecht vum Enseignant um Terrain ass eng immens responsabel Aufgab, déi émmer méi

komplex gëtt, an dofir brauch et eng zolitt Grondausbildung. Mee grad um Terrain, an de Schoulen, loosse mir par contre zou, dass émmer méi Enseignantë mat enger Crash-Cours-Ausbildung agestallt ginn.

Speziell Situatiounen erfuerdere speziell Mesuren. Mir mussen eis déi éierlech Fro stellen, op wat et an der momentaner pré-kärer Situatioun an de Schoule wierklech ukënnt, an op wat mir bereet sinn ze verzichten, a wat mir vu Ressourcen an d'Bildung stieche wëllen.

Den SEW vertrëtt de Standpunkt, dass eis Prioritéit lo net op iergendwelleche Prestigeprojekte leie soll, déi no bausse gutt maachen an d'OECD-Vertriebeder blenden. Mir brauchen elo keng Héichglanzbrochuren, nei Spill- oder Codingkëschten, keng professionell gedréite Propaganda-Spote fir iergendwellech Projeten, oder wat soss nach alles vu bildungsirrelevantem Firlefanz produzéiert gëtt. All déi gutt ausgebilten Enseignanten, déi momentan programmatesch an administrativ schaffen, an iwwerdeems nach ze dacks ee Master an der Täsch hunn, sollen an dëser Krisesituatioun zréck op den Terrain schaffe kommen. Do gi se mat hirer Expertise méi wéi gebraucht. Well genau do brennt am Moment de Bam!

Esou eng temporär (!) Mesure verlaagt grousse politesche Courage. A si wär ee staarkt Zeechen, dass den Educationministère et mat der „Education“ Eescht mengt! A genau esou ee staarkt politescht Zeeche brauche mir elo! Net némme fir déi zukünfteg Enseignanten, mee och fir déi, déi an eise Schoule schaffen, an trotz Feelentscheedungen an der Bildungspolitik d'Staang all Dag mat vill Courage an Asaz riicht halen.

D'Bildung ass wichteg, esou wichteg, dass se absolut Prioritéit vis-à-vis vun allen anere Projeten huet. A mir brauchen dofir déi allerbeschte Leit! Jo: Enseignant ass méi wéi e Beruff- et ass eng Beruffung... a kee Karriärplang.

[1] Et ass bermierswäert, dass, bis op d'DP, all d'Parteie sech kritesch zu dësem Projet geäussert hunn. Mee de Minister Meisch huet et gemaach wéi sou dacks: hie schaft Fakten, ouni sech am Virfeld mat de Partner ofzeschwätzchen, wat ee politesch kluge Schachzug ass, wann een all kontrovers Diskussioune scheit. Wat duerno just nach méiglech ass, ass de Versuch, déi fatal Konsequenzen zumindes ofzeschwätzchen. Doduerch, dass zu dësem Projet och net huet misse legiferéiert ginn, sinn déi institutionell Mëttelen, dése Projet ze bremsen, net ginn. De Projet huet net emol missen aviséiert ginn, an dat zu engem sou wichtegen Sujet, wou et èm net manner wéi d'Bildungsqualitéit zu Lëtzebuerg geet. Jo, net mol de CSEN gouf am Virfeld consultéiert, woubäi d'Enseignantsausbildung ze diskutéieren kloer an den Attributiounen vun dësem Gremium läit.

Déi prekär Situatioun vun de Chargés de cours – en Iwwerbléck

De 26. Märtunn hinn den SEW, de Landesverband an d'ACEN eng Pressekonferenz aberuff, fir op Mëssstänn bei de Chargéen hinzuweisen. Hei fannt Dir de komplette Pressedossier.

Joëlle Damé :

**Eis Gewerkschaften, den SEW/
OGBL an de Landesverband
regruppéieren sämtlech ordres
d'enseignement, an dat vum
Fondamental a Secondaire,
iwwert d'Privatschoulen an
d'Kompetenzzentren bis bei
den Enseignement supérieur a
recherche.**

Natierlech stinn déi eenzel Departementer a reegem Austausch mateneen an et huet sech gewisen, dass den Educatiounsmistère an e sëllege Fäll sech net un d'Aarbechtsgesetz hält. Dës zitt sech duerch sämtlech Schoulformen.

Betraff si virun allem déi Schwächst am Educatiounssystem, an dat sinn eis Chargés de Cours an Employéen. Mir stelle fest,

dass immens vill Intervenanten am Enseignement, ouni hiert euge Verschélelden, an eng prekär Situatioun geroden, well, an eisen Aen, d'Aarbechtsrecht net respektéiert gëtt. De Staat gëtt hei als Patron senger Virbildfunktioun net gerecht.

Zesumme mat der ACEN hu mir dofir haut als SEW/OGBL mam Landesverband dës Pressekonferenz aberuff, fir lech déi jee-weileg Problemer, mat deenen déi eenzel Departementer ze dinn hinn, ze präsentéieren.

Et läit mir, als Spriecherin vum Fondamental vum SEW/OGBL, um Häerz ervirze-hiewen, dass mir eng ganz gutt Zesummenaarbecht mat de Responsable vum Service Enseignement Fondamental vum Menje hinn. Si hu vill Verstéesdemech fir eis Uleies a probéieren pragmatestsch Léisungen ze fannen. Dat geet allerdéngs némammen an dem legale Kader, dee si ge-

sat kréien. Fir strukturell a laangfristeg Léi-sungen ze fannen, bräicht et dee néidege politesche Wölle. Leider si mir do beim Minister Meisch bei enger Rei Punkten op daf Ouere gestouss.

Isabelle Bichler :

**D'Situatioun vun de Chargés de
Cours mat engem befristen
Aarbechtskontrakt (CDD) am
Enseignement Fondamental**

All Joer bei der Rentrée scolaire am Fon-damental stellt den Educatiounsmis-tière eng gewëss Zuel Chargés de Cours mat engem Contract à durée déterminée (CDD) an.

Dëst huet misse gemaach ginn, well èm-mer erém Enseignant um Terrain feelen.

Am Code du Travail ass en CDD normaler-weis an der Zäit limitéiert an däerf net méi



wéi 2 mol erneiert ginn, soss ass et automatesch ee Contrat à durée indéterminée (CDI). Am Educationssministère gëtt sech awer do net un d'Arbeitsrecht gehalen, esou dass déi Chargéen méi wéi 2 mol de CDD erneiert kréien. Et ginn esouger Chargéen déi schonn 20 Joer laang an eise Schoule schaffen, ouni regulariséiert ze sinn, dat heescht ouni en CDI ze hunn.

Esou ee CDD bréngt eng enorm prekär Situatioun fir de Chargé de cours mat sech.

Ouni fest Kontrakt kritt ee kee Prêt bei de Banken accordéiert a vill Propriétären wëllen hier Wunneng net un ee Locataire verlounen dee keen CDI huet.

Wéi können déi Leit hiert Liewen opbauen?

Erschwéierend kënnt dobäi, dass déi Chargéen och méintelaang op hir Paie waarden, well all Joer am September bei der Rentrée erém ee befristete Kontrakt opgestallt gëtt.

De Chargé ass awer schonns vum 15. September un op senger Aarbeitsplatz, an do kënnt et bei villen Agente scho vir dass déi éischt Pai eréisch den Dezember oder de Januar dat Joer drop ausbezuelt gëtt. Erém eng prekär Situatioun virun allem fir Leit, déi elengerzéiend sinn.

Den SEW/OGBL-Landesverband setzt sech fir dës Chargéen an, a probéiert hinnen zu engem onbefriste Kontrakt ze verhöllefen.

Iwwert déi lescht Jore konnt esou engere Rei (80-100) Leit gehollef gi fir dësen CDI ze kréien.

Dat ass och zeréckzeféieren op déi gutt Zesummenarbecht mat de Beamten aus dem Educationssministère. Mee leider ass hei bei dëser Problematik de Politiker, dat heescht den Här Meisch, gefuerdert. Hei muss jiddereen, deen an der Situatioun vum Maximum légal vun CDD ass, d'Géleeënheet kréie fir fest agestallt ze ginn. Leider sinn déi politesch Responsabel net wierklech un dësem Sujet interesséiert, esou dass eis léscht Demande d'Entrevue vum 7. Februar 2023 fir dës Problematik ze beschwätzen och erém ouni Äntwert bliwwen ass.

Als SEW/OGBL-Landesverband fuerdere mir ganz kloer esou séier wei méiglech den Dialog an dësem Dossier, fir dës on-méiglech Situatioun vun de Chargéen mat CDD ze klären.

Luc Wildanger (ACEN) : CDD am Enseignement Secondaire

An der Education ass et säit Joren – eigentlech scho säit Joerzéngten – e Brauch

ginn, Leit auszenotzen, déi net oder nach net richteg am System dra sinn. Et ass schonn eng Tradition ginn, datt ouni Skrupel hei Leit benotzt ginn, fir Suen ze spueren. Et gi Leit ausgenotzt, déi an de Schoulsystem wëllen an dofir och kuschén, wann eppes net legal oder zumindest moralesch falsch ofleet.

Am Secondaire sinn et virun allem jonk Kolleginnen a Kollegen, gréissstendeels frësch vun der Uni, déi an den Enseignement wëllen, an hir éischt Erfarungen dann als Chargé mat engem CDD maache müssen. Dës Erfarunge si leider dann dacks schonn net positiv. Si kréie keen Tuteur, well de System net virgesait, datt een hinen hellef. Si fléien also an d'kaalt Waasser. Op se énnnerginn interesséiert keen.

Schlëmmer ass awer, datt dës jonk Kolleginnen a Kollegee reegelméisseg scho viru Klasse stinn ouni e gültige Kontrakt, well dës reegelméisseg besonnesch am September bei der Rentrée einfach net prett sinn. Natierlech dierf keen ouni Kontrakt schaffen, mee et geschitt awer émmer nach reegelméisseg. Oder alternativ falen d'Courses aus, wa sech un d'Gesetz gehale gëtt, well d'Kontrakter net pénktlech fäerdegen sinn.

Opfalend ass virun allem och, dass dës CDD émmer just bis virun d'Vakanze lafen, an eréisch no de Vakanzen dann erém verlängert ginn. Dat ass doduerch, well dës CDD eben als Remplaçant agesat ginn. Dat heescht awer och, datt d'Vakanzen, also den eigentleche gesetzleche Congé vun Enseignanten, bei hinnen net bezuelt gëtt.

Eng ganz aner Form vu CDD am Enseignement sinn dann d'Experts externes. D'Iddi vum Expert externe ass sécher flott. Experten aus der Beruffswelt, déi hir Expertise an d'Schoulen bréngen, an dëst also nieft hirer richteger Aarbecht maachen. Dës Kontrakter sinn dofir limitéiert an et däerf just eng gewësste Stonnenzuel gelescht ginn.

Dës Kontrakter schéngen awer reegelméisseg och fir regulär Schoulfächer benotzt ze ginn, déi een wierklech net mat externen Experten besetze soll. Nee, net besetzen dierf laut dem Senn vun dëse Kontrakter.

Kontrakter, bei deenen de Stonneloun säit Joren net méi ugepasst ginn ass, Kontrakter ouni Krankaversécherung. Wann hei eng Stonn ausfällt, kritt den Expert externe se och net bezuelt.

Dat sinn also ganz kloer keng Kontrakter fir jonk Kollegen, déi nei an de Beruff wëllen, mee ebe just Kontrakter fir extern Spezialisten, déi punktuell an de Schou-

len intervenéieren – ewéi den Numm et eigentlech jo och seet.

Iergendwann muss et duergoen am Enseignement émmer erém besonnesch jonk Leit auszenotzen, déi an den Enseignement wëllen. D'Botschaft ass: kusch a sief roueg, da kriss de och iergendwann e richtege Kontrakt oder däerfs richtege Proff ginn.

Laurent Clement (ACEN) : Situatioun vun de CDDen am Enseignement musical (EM)

Den EM ass ee vun deene Beräicher wou de Mëssbrauch vu CDDe scheinbar op d'Spëtz gedriwwé gëtt. Duerch den Austausch mat eise Memberen an d'Vetrauen, dat d'Enseignanten eis bei hiren Doleances entgéint bréngen, hu mir e klengen Iwwerbléck dorriwwer kritt, wéi den EM an deenen eenzelle Gemenge geréiert gëtt.

Laut enger Question parlementaire (QP) vun déi Gréng waren 2021, 163 Chargéen am EM mat engem CDD agestallt, wat sage und schreibe 23% vun alle Chargéen ausmécht.

Dozou kënnt, datt de Chargé am EM an der Moyenne 52 Méint, also méi wéi 4 Joer, e CDD huet éier en an engem CDI agestallt gëtt.

An der Reegel ass et esou, datt de Chargé am EM de Service provisoire mat engem CDD absolvéiert a réischt duerno fir den Début de carrière e CDI kritt.

Laut dem zoustännege Ministère géif dat d'Attraktivitéit vum Beruff awer net schmäleren, well ee jo nom Service provisoire en CDI géif kréien an et domat keng Auswirkungen op de Verlauf vun der Karriär hätt.

Do stellt sech just d'Fro, wéi een op eng Moyenne vun iwwer 4 Joer CDD kënnt, wann all Chargé no 2 Joer Service provisoire e CDI géif kréien.

Déi Rechnung geet also net op an dat läit zum Deel dodrun, datt d'Chargé ganz oft fir d'éischt emol als Remplaçant agestallt ginn. Dat si meeschte Kontrakter déi vu September bis Juli lafen a wou d'Schoulvakanzen net mat bezuelt ginn.

Dozou kënnt, datt et eng Ofännerung am Artikel L. 122-5 vum Code de Travail gëtt, déi explizitt erlaabt, e CDD méi wéi 2 mol ze verlängerer, och wann dobäi den Zäitraum vu 24 Méint iwwerschratt gëtt.

Déi Ausnam gëllt iwwregens och fir de Chargé d'éducation am Lycée, de Chargé de cours an der Formation d'adultes, de



Voyages Sotour

*Une irrésistible envie
de partir ?*

Sotour - La bourse aux voyages

2, rue Louvigny
L-1946 Luxembourg

Tél. 46 15 14 - 1
air@sotour.com

Chargé de cours an der Formation professionnelle an a villen anere Beräicher vum Enseignement. Opfalend ass op där Platz, datt dës Ausnam alt nees eng Kéier quasi ausschliisslech den Enseignement betrëfft.

Dës Ausnamereegelung gëtt am EM mat enger staarker Fluktuation vun de Schülzuele gerechtfärdegt. Dës Fluktuation ass awer eisen Informatiouen no a ville Fäll guer net esou dramatesch a gëtt oft just als Excuse genotzt, de Chargé kee CDI ze ginn. Zu deem Moment wou den Enseignant dann endlech säi CDI kritt, ass deen zu gudder Lescht, wéinst den angebleche Fluktuationen, och nach op eng minimal Stonnenzuel festgeluecht an de Rescht vum Kontrakt gëtt alt nees eng Kéier ivver en Avenir à durée déterminée gereegelt, deen all Semester kann ofgeänert ginn.

Vill Enseignante sinn an zwou oder dräi verschiddene Gemengen ugestallt fir hire Kader voll ze kréien a müssen oft op all Gemeng nees e Service provisoire mat CDD maachen éier se hir Anciennetéit unerkannt kréien.

Dozou kënnt, dass déi meesch Musekenseignanten och nach am Statut vum Salarié agestallt sinn, well d'Gemengen domadder Geld kënne spueren, a vun der Politik kënnt och am neie Gesetz leider keen Zeeche fir den Employé communal als Referenzstatut ze installéieren oder d'Situatioun mat de CDDen ze verbesseren.

De Fazit ass also erschreckend wann ee gesät wéi vill Drock deelweis op d'Chargéen ausgeübt gëtt mat CDDen drop an derwidder an ouni Perspektiv op e séchert Akommes an d'Leit trauen sech oft mol net méi, sech fir hir Rechter anzesetzen, well se fäerten dat Joer drop keng Stonne méi ze kréien.

Vera Dockendorf: International Enseignanten

Säit Dezember 2016 ass et méiglech, international Enseignanten ze rekrutéiere fir an den öffentlechen internationalen an europäesche Schoule Coursen ze ginn. Säitdem sinn émmer méi international Enseignanten op Lëtzebuerg komm. Hier Zuel huet sech virun engem Joer op 265 belaf, wäert awer lo schonn däitlech méi héich sinn.

Am Laf vum leschte Schouljoer huet den SEW/OGBL dorobber opmierksam gemmaach, dat vill vun deenen Enseignanté méintelaang keng Paie kréien a während Méint net an der Krankekeess ageschriwwen sinn, obwuel se Schoul halen! No Verhandlunge mam Ministère kruten d'Lycéeën

d'Méiglechkeet, ab dem 15. Abrëll international Enseignanten ze rekrutéieren – mam Ziel datt doduerch genuch Zäit do wier, fir d'Kontrakter ofzeschléissen an d'Pabeiere vun den Enseignanté prett ze hunn, sou dat si ab Schoulufank hier Pai kréien a vun der Sécurité Sociale couvríert sinn. Trotzdem hu mir quasi ee Joer nom Ofschluss vun de Verhandlungen nach émmer vill international Enseignanten, déi bis zu 8 Méint op hier 1. Pai waarden:

- Mir hunn Enseignanten, déi schaffe kommen, ouni énnert engem valabelen Aarbechtskontrakt ze stoen. Ouni Aarbechtskontrakt schaffe goen, heesch och op eng Pai fir déi geschafften Zäit ze verzichten.
- Mir kruten Aarbechtsaccidenter vun Enseignanté gemellt, déi zu engem Zäitpunkt geschitt sinn, wou betraffen Enseignanten net an der Krankekeess ageschriwwen waren.
- Mir krute Fäll gemellt, an deenen Enseignanté missten hospitaliséiert ginn, ouni an der Krankekeess ageschriwwen ze sinn an ouni eng Pai ze hunn, mat deeene si d'Dokteschrechnunge hätte kéinte bezuelen.

Betraffen Enseignanté maachen oft Scholden am 4-stellege Beräich fir während deene Méint, wou si op hir Pai waarden, hire Loyer an hire Liewensënnerhalt bezuelen ze kennen.

Et ass fir eis inakzeptabel, datt Enseignant-en zu Lëtzebuerg énnert dëse prekären an illegalen Aarbechtskonditiounen Schoul halen. An et gëtt héich Zäit, datt de Ministère dës Problemer ee fir alle mol léist.

Manon Meiresonne: D'Chargés de cours an den Europaschoulen Lëtzebuerg I a Lëtzebuerg II

An engem rezente Communiqué huet den SEW/OGBL d'Press informéiert dass den SEW/OGBL sech esouwuel national wéi och international dofir assetzt fir dass d'Rechter vun de Salariéen vun den Europaschoule respektéiert ginn. Hir Aarbechtskonditiounen gi vu Statute vum Conseil supérieur européen vu Bréissel gereegelt. Déi Statuten, déi an enger Rei Punkten a méi Länner der nationaler Gesetzgebung widderspriechen, sinn d'Ursaach vun enger Rei vu Problemer – énnert anerem och zu Lëtzebuerg – énnert anerem mat de Chargés de Cours, déi schonn zénter Joren énnert Ongerechtegkeeten an Ongläichheete leiden.

En europäesche Statut fir d'Chargés de

cours am Widderproph mam Lëtzebuerger Code du Travail.

Dee wichtigsten an problemateschste Punkt am Statut vun de Chargés de cours ass am Artikel 3, deen erklärt dass d'Bestëmmunge vun deem Statut Virrang virum nationalen Aarbechtsrecht hunn. Dës Bestëmmunge sinn awer vill méi ongëschteg wéi d'Lëtzebuergescht Recht. Esou kann ee Chargé de cours mat engem CDI entlooss ginn, wann d'Europäesch Schoulen zum Beispill entscheede fir en duch een Enseignant détaché ze ersetzen. Den SEW/OGBL erënnert hei drun, dass d'Funktioun vum Chargé de cours (op Englesch *locally recruited teacher*) ursprénglech geschaf gouf, fir de Manktem un detachéierten Enseignanten an dëse Schoulen ze behiewen. Bis haut ginn et zum Beispill an der Europaschoul Lëtzebuerg II zu Bartreng/Mamer ongefíer 180 Chargés de cours an némmen ongefíer 110 detachéiert Enseignanten. Mir sinn also wäit ewech vun der ursprénglecher Interimsroll vun de Chargéen.

An awer wenden sech d'Europäesch Schoulen all Joer un d'Regierungen vun de EU-Memberländer, fir detachéiert Enseignanten ze kréien. No de Regele vum Statut, wann en detachéierten Enseignant seng Missiou ufánkt, da wiesselt d'Zuel vun den Unterrechtsstonnen vun engem oder méi Chargés de cours. Esou verléiert virun all Rentrée eng grouss Zuel vu Chargés de cours d'Hallschent oder esouguer all hir Stonnen, well en neien Enseignant an hir Schoul detachéiert gouf. Dëst kann och am Laf vum Schouljoer passéieren. Konkret kritt de lokal agestallte Chargé de cours "proposéiert" fir en Avenir zu sengem CDD oder CDI ze énnerschreiwen, deen dës Changementer virgesait. Sollt déi Persoun dëst net akzeptéieren, ass si net duch dat Lëtzebuergescht Aarbechtsrecht geschützt a riskéiert fir entlooss ze ginn. Et versteet sech vum Selwen dass esou Ännernungen an der Aarbechtszäit inakzeptabel Auswirkungen hunn an d'Privat- an d'Beruffsliewen vun de betraffene Leit dramatesch prekär maachen. Well wéi soll een e Prêt ufroen, säi Prêt an/oder säi Loyer bezuelen, d'Kannerbetreuung organiséieren, oder bei Deelzäitaarbecht eng zusätzlech Aarbecht sichen an organiséieren fir op eng dezent Pensioun ze hoffen, asw, wann d'Zuel vun den Unterrechtsstonnen an d'Héicht vun der Pai zu all Moment sech enorm veränderen?

D'Majoritéit vun den Aarbechts- a Léierkräften an den Europäesche Schoule si Chargés de cours. Si hunn e lëtzebuergeschen Aarbechtskontrakt, bezuelen hir sozial Co-tisationen an hir Steieren zu Lëtzebuerg a si bei der CNS affiliéiert. Et ass also net ak-

zeptabel dass si weiderhi wéi Zweetklass-aarbechter behandelt ginn. Esou ass hir Pai zum Beispill net un den Index gebonnen, hir zukünfteg Pensioun awer!

D'Personalvertriebung ass staark menacéiert

Allgemeng stellt den SEW/OGBL fest dass d'Rechter an d'Interesse vum Personal vun den Europäesche Schoulen zu Létzebuerg dacks a Fro gestallt, wat d'Gestioun vun der Aarbechtszäit, d'Paien oder och d'Rechter an d'Aufgabe vun der Personaldelegatioun betrëfft. D'Europaschoul zu Bartreng/Mamer huet zum Beispill eesäiteg decidéiert dass d'Chargés de cours net am Effektiv matgezielt gi fir d'Personaldelegatioun. Well d'Chargés de cours awer eng grouss Zuel vu Mataarbechter an dëser Schoul ausmaachen (ongeféier 180 Chargés de cours an némmen 80 Membere vum Verwaltungs- an Servicepersonal), kann den SEW/OGBL dës Entscheidung net akzeptéieren, well si als direkt Auswirkung huet fir d'Personaldelegatioun ze schwächen, andeem si d'Unzuel vun den Delegéierten an de Crédit d'heures deen der Delegatioun zegutt steet, drastesch reduzéiert.

Létzebuerg stellt sech daf a steet als schlechte Schüler do

Obwuel mir de Létzebuerger Aarbechtsministère op déi alarmierend Situations vum Statut vun de Chargés de cours opmierksam gemaach hunn an èm eng Stel-

lungnam gefrot hunn, hu mir bis haut keng Äntwert kritt. Den SEW/OGBL kann d'Applikatioun vun dësem Statut sät sengem Akraafttrieden 2016 némme bedaueren. Doriwwer eraus muss ee färteren, datt eis Fuerderungen fir de Privatsektor net berécksichtegt ginn, wann ee bedenkt wéi de Staat seng euge Chargés de cours an der öffentlecher Schoul behandelt.

Dëst ass nach méi alarmant, well, trotz eise Reklamatioun bei der Inspection du Travail et des Mines (ITM), dës keng Kompetenz hätt fir d'Chargés de cours an den Europaschoulen ze verdeedegen.

Dës Situations ass net akzeptabel a stellt d'Rechter vun de Salariéë zu Létzebuerg a Fro, genee esou wéi den Ordre public zu Létzebuerg, wann d'Europaschoulen all Fräiheit hu fir eise Code du Travail net ze respektéieren.

Gescheitert Versich fir en Sozialdialog op internationalem Niveau

Och op internationalem Niveau ass de Sozialdialog net einfach. Fir d'Situations ze verbesseren, fuerdert den SEW/OGBL eng besser Zesummenaarbecht mat de Gewerkschaften a méi Transparenz vum Conseil supérieur européen. An dem Senn gouf am Dezember 2022 ee gemeinsame Bréif vum europäesche Gewerkschaftskomitee fir d'Educatioun (CSEE/ETUCE, an dem den OGBL Member ass) un d'Bréisseler Zentral geschéckt, an deem gefuerdert

gouf datt dëse Gewerkschaftskomitee als Membre Observateur um Conseil supérieur deelhëlt. Dëst hätt, eiser Meenung no, eng effikass Repräsentativitéit vun de Chargés de cours an den betraffene Memberlännner geséchert. Tatsächlech ass de CSEE e Gewerkschaftsfederatioun vun 125 Educationsgewerkschaften, déi bal 11 Millioune Memberen an allen europäesche Länner vertrëtt. Dës Gewerkschaftsfederatioun koordinéiert d'Gewerkschaften déi d'Enseignants an den 13 bestoenden Europaschoulen vertrëtt. Leider hu mir vun den Europaschoulen e kategoriesche Refus op eis Demande kritt. Trotzdem gesait de Gewerkschaftskomitee sech weiderhi reegelméisseg fir de Kampf op internationalem Niveau weiderzeféieren.

Isabelle Bichler – Präsidentin vum Comité Chargés de cours Landesverband-SEW/OGBL

Vera Dockendorf – Spriecherin vum Département Enseignement Secondaire

Manon Meiresonne – bâigeuerdent Zentralsekretärin vum SEW/OGBL an zoustänneg fir de Supérieur a Recherche, sou wéi d'Privatschoulen

Luc Wildanger – Präsident vun der ACEN

Laurent Clement – Member vum Comité vun der ACEN, Enseignement musical

Joëlle Damé – Präsidentin vum SEW/OGBL

Conditions de travail précaires – une conférence de presse du SEW

La conférence de presse organisée par le SEW/OGBL, ensemble avec la section chargés de cours du Landesverband et l'ACEN a été largement relayée par les différents médias. Le

Quotidien est interpellé par les exemples mis en avant. Ainsi, le cumul de contrats à durée déterminée (CDD) pendant 20 ans, ou encore des personnes qui commencent à enseigner sans avoir signé de contrat au préalable (sans couverture sociale non plus), ne peuvent laisser de marbre. En effet, comme le rapporte RTL, les salaires tardent parfois 4 mois à venir. Ces pratiques honteuses et illégales sont utilisées particulièrement auprès des débutants dans la profession, ces jeunes qui sortent de l'université et qui ont l'ambition de devenir enseignants à part entière, les laissant croire que cela était tout à fait normal. On leur fait miroiter l'espoir d'un CDI, qui n'arrive finalement jamais, ou sinon seulement des années plus tard.

Cela concerne tous les types d'écoles, même les écoles internationales publiques qui recrutent notamment à l'étranger. Ainsi, des enseignants, accompagnés de leur famille, viennent au Luxembourg, et se voient confrontés à vivre des mois sans salaire ni couverture sociale. Ceux-ci peuvent être contents,

selon la **Zeitung vum Létzebuerger Vollek**, si une banque leur accorde un prêt pour subvenir aux besoins les plus élémentaires tels l'alimentation ou le loyer.

Pour le **Tageblatt**, dans ce dossier, l'Etat ne remplit pas son rôle d'exemple.

Mais ce fléau des conditions de travail précaires pour les chargés de cours ne se limite pas à l'éducation publique : ainsi lorsqu'un professeur détaché commence sa mission aux écoles européennes Luxembourg I ou Luxembourg II, le nombre d'heures de cours d'un ou de plusieurs chargés de cours est modifié. Ainsi, avant chaque rentrée des classes, un nombre important de chargés de cours perdent plus de la moitié, voire toutes leurs heures. La même chose peut arriver en cours d'année scolaire. En pratique, l'enseignant recruté localement à temps plein ou à temps partiel se voit « proposé » de signer un avenant à son contrat à durée déterminée ou indéterminée prévoyant ces changements. En cas de refus, la personne n'est pas protégée par la législation du travail luxembourgeois et prend le risque d'être licenciée.

Interview mam Jules Barthel

Vizepresident vum SEW/OGBL vun 2014 bis 2022



Foto: De Jules Barthel (riets am Bild) mam Pierre Mousel op der OGBL-Manif fir den Index.

Nodeems de Jules Barthel vun 2014 bis 2022 de Vize-Präsident vum SEW/OGBL war, ass hien am Oktober 2022 an d'Pensioun gaangen. De Jules huet als Ecosproff am Lycée du Nord Schoul gehal. Säit 2010 war hien am Comité vum Département Secondaire fir den SEW/OGBL aktiv. De ganzen SEW/OGBL seet dem Jules ee ganz grousse MERCI fir säin Engagement fir d'Interète vun de Schüler.innen an Enseignanten. Zesumme mat him blécke mir an engem klengen Interview zréck op prägend Momenter vu sengem gewerkschaftlechen Engagement.

Fro: Firwat hues du dech deemools fir den SEW/OGBL entscheet?

Jules Barthel: Fir mech war den SEW/OGBL déi eenzeg progressiv Gewerkschaft an eisem Secteur a mengen eegene politeschen Iwwerzeegungen am nächstent. Den SEW huet sech och émmer am Interêt vun de Schüler.innen agesat a net nëmmen ém d'Karriär vum Enseignant. Als Gewerkschaftler an als Enseignant war dat émmer meng éischt Prioritéit. Virun allem huet sech den SEW/OGBL émmer fir d'Schüler.innen aus der Beruffsausbildung agesat, di insgesamt kaum eng politesch Lobby hunn an oft vergiess ginn.

Fro: Iwwert wéi ee gewerkschaftlechen Erfolleg an denger Karriär frees Du dech am meeschten?

Jules Barthel: Doriwwer dat duerch eisen Asaz d'Schüler.innen an der Technikerausbildung schlussendlech d'Méiglechkeet kruten, een PIF-Rattrapage am Hierscht ze schreiwen. Am Ufank war virgesinn, datt Schüler.innen, di hire PIF am Juni net gepeackt haten, hir zweet Chance fir de PIF ze maachen eréischt am Februar dat Joer drop kruten. Nodeems mir dat schaarf kritiséiert hunn, hate mer op eemol eng Reunioun d'urgence beim Claude Meisch. Ech erénnere mech nach drun, datt en deemols gesot huet „Ech géing am léifste Member beim SEW ginn, sou gudd fannen ech ären Asaz an är Idee mam PIF-Rattrapage“. Et muss een héi awer villäicht betounen, dass de Claude Meisch net den Auteur vun der Reform vun der Beruffsausbildung war, mee dass hie se vum Mady Delvaux iwwerholl huet. Ansonste wier hie bestëmmt net sou enthusiastesch gewiecht a sou oppe fir eis Proposen. Menger Meenung no ass d'Reform vun der Beruffsausbildung zwar nach émmer een Desaster, mee mir konnten awer als SEW/OGBL iwwert déi leschte Joren eng Rei Verbesserungen en faveur vun de Schüler.innen duerchsetzen.

Fro: Wéi eng Rotschléi géings du de gewerkschaftlech engagéierte Kolleeg.inne ginn?

Jules Barthel: Et dierf een net opginn! Wann ee sech fir eng Iiddi asetzt, muss ee konsant dohannert bleiwen, och wann dat mat Echecke ka verbonne sinn. Doduerch duerf ee sech net discouragéiere loessen, et muss een émmer weider kämpfen an iergendwann erreecht een eppes.

Fro: Wat sinn deng Pläng fir d'Zukunft?

Jules Barthel: Meng Engagemerter si méi divers ginn, ech sinn elo an enger ONG aktiv an do an de Comité gewielt ginn. Ech wäert och weiderhin - sou laang ech gebraucht ginn - am SEW bleiwen a menge Kolleeg.inne Rotschléi ginn, wa si der brauchen. Mee et ass ee schnell raus aus dem Schoulalldag, wann een an der Pensioun ass. Ausserdeem schreiwen ech gären. Ech weess zwar net, ob ech genuch Talent hunn, fir Literatur köennen ze schreiwen, mee et war émmer een Dram vu mir, eemol ee Roman ze schreiwen. Ech fäerten zwar, datt ech dat Talent dofir net hunn, mee, et ass wéi an der Gewerkschaft, et soll een d'Hoffnung ni opginn.

Bilan de lustrum pour Claude Meisch



LE GOUVÄRNEMENT
DU GRAND-DUCHÉZ DE LUXEMBUERG
Ministère vun der Edukatioun Punkt Lu,
de Kënnecher an der Jugend vun haut

**Bilan de fin de lustrum-2018-23
pour Claude Meisch
Matricule 1971112700000**

Classe : MEN/2 – Rives de Clausen - Luxembourg

Domaine de développement et d'apprentissage	Certification
Innovations et changements	
Devoirs à domicile / e-bichelchen	Niveau socle en voie d'acquisition
Projet alphabétisation en français	Niveau socle en voie d'acquisition
Mise en place de la matière « Coding »	Socle atteint
Supervision des écoles fondamentales par des directeurs régionaux	Socle non atteint
Lutte contre pénurie d'enseignants	
Rendre la profession d'enseignant attractive	Socle non atteint
Élaboration d'une « voie express » pour devenir enseignant	Socle atteint
« Outsourcing » de l'Éducation nationale	Socle en voie d'acquisition
Traitement des contrats et rémunérations	Socle non atteint
Communication professionnelle	
Dialogue et échanges avec les syndicats	Socle non atteint
Mise en place de réformes	Niveau socle en voie d'acquisition
Langue de bois sur le système scolaire luxembourgeois	Socle avancé atteint
Annonces surprenantes dans les médias	Niveau d'excellence
Éveil aux sciences	
Supervision de la gérance du Science Center	Socle non atteint
Éveil à l'esthétique	
Newsletter	Niveau avancé atteint
Publication de flyers et journaux d'information	Niveau avancé atteint
Vie en commun et valeurs	
Éducation de qualité pour tous	Niveau socle en voie d'acquisition
Être au service de l'élève, pas de la bureaucratie	Socle non atteint
Expression corporelle	
Attitude confiante	Niveau d'excellence
Présentation de son image	Niveau avancé atteint

Claude a passé 10 ans au MEN et n'a pas atteint les niveaux de compétence qui lui permettent de poursuivre son mandat au MEN.

Titulaire(s) : M. Lära et Mme Joffa

Luxembourg, le 7 octobre 2023

Pour l'équipe pédagogique



Vera Dockendorf
Spiecherin vum SEW/OGBL Secondaire

Der Turmbau von Babel?


Über den Einfluss der internationalen und europäischen Schulen auf die Mehrsprachigkeit in Luxemburg

In Luxemburg sprechen etwa 55,9 % der Schüler.innen kein Luxemburgisch zu Hause. Portugiesisch ist nach Luxemburgisch mit etwa 39,8 % die in den Familien am häufigsten gesprochene Sprache, gefolgt vom Französischen mit 19,6%, vom Arabischen (4,2%) und vom Englischen (4,2%).

Die Tatsache, dass nur 4,2% der Schüler.innen ohne luxemburgische Staatsbürgerschaft Englisch zu Hause sprechen, mag aufgrund der Vielzahl von englischsprachigen Bildungsangeboten in den Luxemburger Schulen verwundern. Insgesamt bieten 7 öffentliche Schulen anglophone Sektionen ab der Grundschule an: Die EIDE in Differdingen, das LLJ in Junglinster, das LESC in Clervaux, die EIMAD in Mersch, die EILMB in Mondorf, die EIGT und die ISML in Luxemburg Stadt. Die Mehrzahl dieser Schulen sind – mit Ausnahme der ISML (britisches System / IGCSE, AS-Level, A-Levels) – akkreditierte Europaschulen oder Schulen, die sich noch im Prozess der Akkreditierung befinden. Das hauptstädtische Athénée bietet außerdem noch ab 7^{ème} eine englischsprachige Sektion ab, die mit dem IB (International Baccalaureate Diploma) abgeschlossen wird.

Ein Grund für das große englischsprachige Bildungsangebot ist sicherlich der Status des Englischen als globale Wirtschaftssprache und die Dominanz des Englischen in Kultur und Fernsehen. Englisch ist neben Französisch ebenfalls eine Hauptsprache des Luxemburger Finanzsektors, ein Sektor, der immerhin rund 51.000 Arbeitnehmer.innen zählt. Trotzdem muss man feststellen, dass Schüler.innen aus

Première langue parlée par les élèves de nationalité étrangère



dem ESG und ESC nach dem erfolgreichen Abschluss der Sekundarschule insgesamt ein recht hohes Sprachniveau im Englischen aufweisen (in der Regel B2 oder C1), und somit alle sprachlichen Anforderungen erfüllen, um sich im späteren Berufsalltag adäquat auf Englisch mündlich und schriftlich ausdrücken zu können. Dieses hohe Sprachniveau erreichen sie trotz der Tatsache, dass sie Englisch in der Regel erst auf 6^{ème} oder 5^{ème} (ESC section latine) erlernen.

Mit dem Fokus auf Englisch als Unterrichtssprache von Grundschule an drängt sich die Frage auf, ob diese Tendenz das Problem der Mehrsprachigkeit wirklich löst oder die Situation der Mehrsprachigkeit nur noch komplexer macht, indem langfristig quasi eine inoffizielle 4. Amtssprache hinzugefügt wird – zum Nachteil all derer Schüler.innen, die sich eh schon mit dem Erlernen von Sprachen schwertun.

Gleichzeitig entsteht aber auch der Ein-



druck, dass mit der Gründung internationaler und europäischer Schulen die notwendigen Reformen für das traditionelle luxemburgische Schulsystem auf die lange Bank geschoben wurden. So wurde die Tatsache, dass in den traditionellen luxemburgischen Grundschulen auf Deutsch alphabetisiert wird, Deutsch jedoch nicht als Fremdsprache unterrichtet wird, seitens des Bildungsministeriums noch nicht grundsätzlich in Frage gestellt. Stattdessen wird als Alternative die Alphabetisierung auf Französisch oder eben der Besuch einer internationalen oder europäischen Grundschule angeboten.

Unbeantwortet bleibt auch die Frage, inwiefern die Alphabetisierung auf Französisch den Deutschunterricht an den Sekundarschulen beeinflussen wird.

Es ist mehr als fraglich, dass die auf Französisch alphabetisierten Schüler.innen den aktuellen Anforderungen des Deutschunterrichts auf einer 7^{ème} générale oder classique gerecht werden können. Folglich drängt sich die Frage auf, ob dies die Anzahl der öffentlichen Europaschulen noch in die Höhe treiben wird und/oder ob die Anforderungen des Deutschunterrichts nach unten angepasst werden, insbesondere in puncto Anforderungen im Cours de base/Cours avancé im ESG. Eine weitere Frage, die sich ebenfalls aufdrängt, ist die des Status des Deutschen: Wird die deutsche Sprache durch diese Bildungsreformen nach und nach in den Hintergrund gedrängt?

Insgesamt entsteht der Eindruck, dass viele Bildungsreformen nicht vollständig durchdacht wurden und von ihnen eher kurzfristig Verbesserungen erhofft werden, langfristige Konsequenzen aber nicht

bedacht wurden. Das alles klingt nach Experimentieren – aber Experimente im Bildungswesen können auf Kosten der Schüler.innen auch schief gehen und sind daher im höchsten Maß unverantwortlich.

Geklärt ist beispielsweise immer noch nicht, was mit denjenigen Schüler.innen passiert, die von Grundschule an eine öffentliche Europaschule besuchen, dann aber nach 5^{ème} oder 3^{ème} abbrechen müssen, weil sie den doch sehr akademisch orientierten Anforderungen des europäischen Systems nicht gerecht werden können. Man darf nicht vergessen, dass die Europaschulen mit einer allgemeinen Hochschulreife abgeschlossen werden und auf ein Studium vorbereiten. Bis jetzt gibt es in der Berufsausbildung kaum englischsprachige Ausbildungen. Folgende Grafik zeigt zudem die sprachlichen Mindestanforderungen der Europaschulen.

Basic proficiency level in the different cycles

	Early education	Primary	Secondary Year 3	Secondary Year 5	Secondary Year 3
L2	0	A2	B1	B2	C1
L3	0	0	A1+	A2+	B1+
L4 advanced 4h	0	0	0	A1	A2+
L4 basic 2h	0	0	0	A1	A2
ONL (Other national languages)	A1.1 oral	A1.2	A2	B1	B2

Die öffentlichen Europaschulen bieten hierzulande aktuell englisch-, deutsch- und französischsprachige Sektionen an. Als Zweitsprache kann Englisch, Deutsch oder Französisch auswählen, als Dritt-sprache neben eben genannten Sprachen auch Portugiesisch oder Spanisch.

Language 1 (L1) wird als Muttersprache unterrichtet, also auf C2-Niveau. Wer z.B. nach dem dritten Sekundarschuljahr abbrechen muss und z.B. die englischsprachige Sektion gewählt hat, hat neben guten Englischkenntnissen eventuell nicht mal ein B1 (intermediate) in einer zweiten

Sprache (L2) und ein A1 (absolutes Anfängerniveau) in einer dritten Sprache (L3). Die Auswahl an Berufsausbildungen wird also dementsprechend extrem gering ausfallen. Auffällig ist, dass ausgerechnet eine private Sekundarschule, nämlich das Lycée Emil Metz, auf diesen Missstand reagiert und sein englischsprachiges Berufsausbildungsangebot mit einem weiteren Standort in Differdange erweitert hat.

Schaut man sich die sprachlichen Mindestanforderungen in Bezug für das Abschlussjahr S7 an, so wird deutlich, dass ein C2, C1 und B1 in drei der als L1, L2 und

L3 angebotenen Sprachen (also Deutsch, Französisch, Englisch, Portugiesisch und Spanisch) nicht ausreichen werden, um beim Staat in einer A1- (Master) oder A2- (Bachelor) Karriere zu arbeiten, solange die Luxemburgische Sprache nicht als L2 oder L3 ausgewählt werden kann und solange Deutsch und Französisch nicht prioritätär als L1 und L2 unterrichtet werden.

Folgende Grafik veranschaulicht die sprachlichen Anforderungen in Bezug auf Deutsch, Französisch und Luxemburgisch, die Staatsbeamten müssen:

L'évaluation de la connaissance des trois langues administratives se fait sur la base du Cadre européen commun de référence pour les langues (CECR) et les niveaux de compétences à atteindre sont fixés comme suit :

Pour la catégorie de traitement/d'indemnité A: Niveau C1, Niveau B2, Niveau B1
 Pour la catégorie de traitement/d'indemnité B : Niveau B2, Niveau B1, Niveau A2
 Pour la catégorie de traitement/d'indemnité C et D : Niveau B1, Niveau A2, Niveau A1



Angemerkt sei auch, dass für die Zulassung zur A1 oder A2-Laufbahn im Bildungswesen eine C1 in sämtlichen Amtssprachen verlangt wird. Schüler:innen, die eine öffentliche internationale oder europäische Schule besuchen, riskieren also je nach Sprachwahl und Sprachniveau deutlich weniger Optionen in puncto Berufswahl zu haben als diejenigen, die das traditionelle Luxemburger Schulsystem besuchen. Hinzukommt, dass neben dem Öffentlichen Dienst in anderen großen Sektoren – wie etwa dem Gesundheitssektor – das Beherrschnen der drei Amtssprachen von Vorteil ist, vor allem Französisch ist dort unerlässlich. Sollte der Staat dieses wilde Sprachchaos, das zur Zeit in den öffentlichen internationalen Schulen herrscht, nicht zum Vorteil der Schüler:innen ordnen und in Bahnen lenken, die allen Schüler:innen eine große Auswahl an späteren Berufsmöglichkeiten in Luxemburg garantieren?

Trotz aller hier geäußerten Bedenken ist die Art und Weise, wie in den öffentlichen Europaschulen Sprachen auf unterschiedlichen Niveaus unterrichtet werden, durchaus interessant und könnte als Inspiration für den Sprachenunterricht in der traditionellen Schule dienen. Mit der Einführung des Cours de base und des Cours avancé in der unteren Sekundarschulstufe im ESG ist diese Idee ansatzweise umgesetzt worden, allerdings mehr schlecht als recht: Viele Schulen applizieren aufgrund mangelnder Personalressourcen die sogenannte „interne Differenzierung“. Im Schnitt 24 Schüler:innen zwischen 13 und 15 Jahren gleichzeitig auf zwei unterschiedlichen Niveaus im Rahmen der internen Differenzierung zu unterrichten – und dabei gute Resultate zu erzielen und sowohl den leistungsschwachen als auch den leistungsstarken Schüler:innen gerecht zu werden – ist jedoch illusorisch. Laxe Promotionskriterien führen zudem dazu, dass Defizite nicht aufgearbeitet werden und später auf 5G den Schüler:innen bei ihrer Sektionsauswahl möglicherweise einen Strich durch ihre Rechnung machen, da sie aufgrund vieler Cours de base oder zu niedrigen Notenschnitten keinen Zugang zu bestimmten Sektionen haben.

Insgesamt sollte im Bildungswesen die Maxime gelten: Wer Bildungschancen vergrößern will, der muss auch investieren. Nicht unbedingt in iPads, sondern in Lehrkräfte und in kleinere Klassen. Bildungsreformen dürfen nicht im Elfenbeinturm des Ministeriums konzipiert werden, sondern müssen zusammen mit den Lehrkräften und ihren Gewerkschaften ausgehandelt werden.



Nach net
Member?
hello.ogbl.lu

Gratis Ausfälle vun Ärer Steiererklärung.

Den OGBL bitt nieft senger gewerkschaftspolitescher Aarbecht fir déi schaffend Leit an hir Familien eng ganz Partie nützlech Servicer.

Ënner anerem hunn all d'OGBL-Memberen d'Recht hir Steiererklärung gratis maachen ze loessen.

Méi Informatiounen op www.ogbl.lu/declarations-dimpots

OGB-L
— D'GEWERKSCHAFT



Michel Reuter
Spriecher vum SEW/OGBL Secondaire



Anne-Marie Eichenseher
Member vum Comité Fondamental

Alphabetisierung auf Französisch: Mehrwert oder Kosmetik?

Angesichts der schwindenden Wichtigkeit des Deutschen und einer hohen Anzahl von romanischen Sprachen wie Französisch oder Portugiesisch leuchtet es ein, dass neue Ansatzpunkte gefunden werden müssen, um jedem Kind die bestmöglichen Chancen zu bieten, um sein volles Potenzial auszuschöpfen. Jedoch muss man sich die Frage stellen, ob die, von Minister Meisch hochgepriesene, Alphabetisierung auf Französisch zum einen den richtigen Ansatz bietet, und zum anderen diesbezügliche Pilotprojekte objektiv und transparent durchgeführt und analysiert werden ehe sie auf das gesamte Schulsystem ausgeweitet werden.

Das SEW hatte diesbezüglich zu einer Klausur über die Mehrsprachigkeit und der Alphabetisierung eingeladen. Das Interesse der Teilnehmer, die sowohl aus der Grundschule als auch der Sekundarstufe kamen, offenbarte, dass der Bedarf an Veränderung durchaus besteht.

Vor allem Unterrichtende aus dem Cours d'Appui im Enseignement fondamental versprechen sich viel von der Alphabetisierung auf Französisch, da viele Schüler keinen Bezug zum Deutschen haben und deshalb die Alphabetisierung auf Deutsch problematisch ist. Einige Teilnehmer bemerkten, dass Luxemburgisch als IntegrationsSprache im Klassensaal funktioniert. Sind die Schüler unter sich, wird jedoch häufig festgestellt, dass gerne auf Portugiesisch oder Französisch zurückgegriffen wird. Statistiken belegen diese Tatsache, dass eine große Anzahl von Schülern eine romanische Sprache als Erstsprache sprechen.

Des Weiteren gab es auch Interesse von Lehrern aus dem Enseignement secondaire, weil sich in den letzten Jahren das Sprachniveau doch stark verändert hat, um nicht zu sagen verschlechtert hat, und auch dementsprechend Änderungen vorgenommen wurden. Hier könnte man zum Beispiel die verschiedenen Sprachniveaus

im Cycle inférieur des ESG, so wie die GSO-Klassen im ESG erwähnen. Die Idee der Alphabetisierung auf Französisch könnte in diesem Sinne auch im Enseignement secondaire zu einer allgemeinen Sprachverbesserung im Französischen führen.


Intransparente Alphabetisierungsprojekte

Obwohl dieses neue Projekt groß angekündigt wurde, sind nicht sehr viele Details über die Herangehensweise bekannt. Hätte man es mit einem Projekt zu tun, wo man jeweils Zeit für die Implementierung als auch für die Nachbereitung einplant, könnte man das ganze etwas gelassen ansehen. Laut MEN ist eine erste Auswertung des Projektes in Zusammenarbeit mit dem Luxembourg Centre for Educational Testing (LUCET) jedoch schon für 2025 geplant.

Dieses Stichtdatum würde bedeuten, dass die erste Kohorte, die im Cycle 2.1, respektiv im Cycle 1.2, schon während des Cycle 3.1, respektiv 2.2. evaluiert würde. Alle Art von Erkenntnissen sind zu befürworten, aber es bedeutet auch, dass das Risiko voreiliger Entscheidungen in Bezug auf das Ausweiten des Projektes steigt. Hier erscheint es dem SEW wichtig, die ersten Kohorten bis zum Eintreten in die Sekundarschule zu begleiten, um zu sehen, ob sich diese neue Methode auch in der Praxis beweisen kann. Leider hat uns die Zeit gelehrt, dass unter diesem Minister die Zeit drängt, und dass sich aus anfänglichen Pilotprojekten urplötzlich allgemein verbindliche Praktiken entwickeln.

Ein Knackpunkt ist auch die folgende Aussage, die auf der Seite des Ministeriums zu lesen ist:

Première langue parlée par les élèves de nationalité étrangère



Ainsi, vers la fin du cycle 4, les élèves devront disposer des compétences nécessaires en français et en allemand pour pouvoir intégrer une école secondaire au Luxembourg, soit une classe de 7^e de l'enseignement secondaire classique, soit de l'enseignement général, soit une classe S1 d'un lycée qui suit le curriculum des écoles européennes.


Was sich nach einer Vielzahl von Möglichkeiten anhört, wo der Schüler die freie Wahl hat, muss sich erst in der Praxis bewahrheiten. Es bestehen nämlich große Unterschiede zwischen den Sprachanforderungen im regulären Enseignement secondaire und deren auf den nationalen europäischen Schulen. Umso wichtiger sieht das SEW es an, sich mit dieser Art von Projekt kritisch auseinanderzusetzen.

Die Eckpunkte des Projektes sind die folgenden:

- participation volontaire de tous les acteurs concernés (parents, élèves, enseignants);
- préparation à l'alphabétisation dès la deuxième année du cycle 1 (dernière année de « maternelle », premiers pas vers la compréhension de l'écrit et la production écrite);
- alphabétisation parallèle en français et en allemand le cas échéant au sein d'une classe, divisée en deux groupes pour les cours d'alphabétisation ainsi qu'une certaine flexibilité en ce qui concerne l'utilisation des langues véhiculaires dans toutes les branches. Dans la plupart des branches, les élèves suivront des cours communs;
- utilisation du matériel didactique des classes des écoles publiques à programmes européens maintien des socles de compétences du plan d'études (ils sont inversés en allemand et en français pour les enfants qui sont alphabétisés en langue française).

Die parallele Alphabetisierung mit zwei Sprachgruppen, die trotzdem in den meisten Fächern zusammen sind, scheint eine sehr abenteuerliche Angelegenheit zu sein. Das obige Diagramm ist ein Versuch seitens des SEW, diese Ausgangslage zu verdeutlichen.

Wenn man davon ausgeht, dass die zwei Sprachgruppen nicht nur in den Sprachen getrennt sind, sondern auch in der Mathematik, kommt man zur Erkenntnis, dass die Schüler zwei Drittel der Zeit getrennt arbeiten, außer der Unterricht würde zweigleisig mit der ganzen Klasse in Deutsch und Französisch parallel laufen. Um die



Chancengleichheit auch in Mathematik zu fördern, sollte dieses Fach in der Sprache angeboten werden, welche dem Schüler am geläufigsten ist. Doch da gibt es kontradiktoriische Informationen: Werden die auf Französisch alphabetisierten Schüler im Mathematikunterricht auf Französisch zurückgreifen, während die deutsche Gruppe sich dieser Sprache bedient; oder wird Luxemburgisch als Fachsprache genutzt werden? Luxemburgisch soll ja auch als Integrationssprache gefördert werden, aber geschieht das nur in den Nebenfächern oder auch in den Hauptfächern?

Es wirkt wie eine Herkulesaufgabe für eine.n einzelne.n Lehrer.in. Wenn man die Schule sprachlich in verschiedene Klassen einteilen würde, wäre der gewünschte Austausch zwischen den verschiedenen Alphabetisierungsgruppen nicht mehr im Klassensaal vorhanden.

Wie so oft, scheint die Theorie eine ideale Situation zu beschreiben, die in den wenigsten Fällen auch der Realität entspricht.

In dieser Diskussion stellt sich auch noch die Frage nach den Schulmaterialien. Es gibt große Unterschiede zwischen den regulären luxemburgischen Schulbüchern, und den französischen oder internationalen Büchern, die jetzt für die Alphabetisierung auf Französisch benutzt werden sollen.

Der Französischunterricht in den öffentlichen „Ecole fondamentales“ wurde 2017 mit dem Einführen von neuen Büchern endlich angepasst. Man distanziert sich von der Methode französisch als reine „Schulsprache“ zu lernen, sondern basiert sich auf einer anderen Didaktik, bei wel-

cher der Akzent auf die Ausbildung der Mündlichkeit gelegt wird. (production et compréhension de l'oral). Französisch soll als funktionale Kommunikationssprache gelernt werden. Die französischen Unterrichtsbücher der Europaschulen, welche für die französische Alphabetisierungsklassen genutzt werden sollen, beinhalten ebenfalls Ansprüche an das Mündliche, doch der Akzent wird deutlicher auf literarische Texte gelegt. Man lernt die Sprache nicht als Fremdsprache. Es geht darum den Kindern Lust am Lesen zu vermitteln und sie früh an literarische Texte zu gewöhnen (nicht immer einfache Texte). Hier spielt die Wortschatzerweiterung eine große Rolle.

Im Vergleich zu unserem vorherigen Französischprogramm, rücken bei beiden Ansätzen, besonders in unseren neuen französischen Büchern, die Schreib- und Grammatikkenntnisse in den Hintergrund. Auf jeden Fall werden die Kinder mit mehr mündlichen Kenntnissen ihre Schullaufbahn im „Secondaire“ fortsetzen, doch muss man davon ausgehen, dass die schriftlichen Kenntnisse im sekundären Unterricht gelernt und gefestigt werden müssen.

Die Teilnehmer stellten sich die Frage, wie es möglich sein wird, dass die Schüler bei der Alphabetisierungsgruppen, das gleiche Niveau in Deutsch und Französisch erreichen werden. Wie sollen die Schüler im Secondaire Classique den Ansprüchen der Lese- und Schreibkompetenz gerecht werden?

Übergang in die Sekundarschule

Wie kann man also behaupten, dass die



Schüler unabhängig von der Alphabetisierung auf Deutsch oder Französisch, dasselbe Sprachniveau in beiden Sprachen erreichen werden?

Vor allem wenn es um die Orientierung in den Secondaire geht, wird es offensichtlich, dass zumindest das Deutschniveau nicht äquivalent sein kann, und deshalb die Fachsprache in den Nebenfächern des ES zum Problem werden kann.

Oder vielleicht zieht Herr Meisch noch ein Ass aus dem Ärmel und präsentiert eine Wunderlösung? Vielleicht erreicht die Alphabetisierung auf Französisch, dass diesen Schülern als einzige Möglichkeit die Orientierung in eine internationale Schule bleibt. Schlussendlich erreicht man so, dass traditionelle Schulsystem ausgehebelt wird und auf private und europäische Angebote zurückgegriffen wird.

Die Mehrsprachigkeit ist Segen und Fluch zugleich. Historisch gesehen wurden Französisch

und Deutsch, gegebenenfalls auch Englisch auf Erstsprachenniveau gelehrt und erlernt. Zweifellos muss man anerkennen, dass der Sprachunterricht reformiert werden muss, aber man muss sich die grundsätzliche Frage stellen, welche Sprache objektiv als Alphabetisierungssprache sinnvoll ist.

Leider wurde nicht darüber nachgedacht oder versucht unsere Herangehensweise an die deutsche Sprache zu ändern. All die Diskussionen, welche jetzt über die französische Sprache geführt werden, haben zum Deutschunterricht leider nie stattgefunden. Deutsch wurde wie eine „Muttersprache“ gelehrt. Die Alphabetisierung an sich stellt keine Herausforderung dar, da Deutsch sich sehr gut als Alphabetisierungssprache eignet (Graphem-Phonem-Korrespondenz).

¹ <https://men.public.lu/fr/actualites/communiques-conference-presse/2022/05-2022/projet-pilote-alphabetisation-francais-ef.html>



Jules Barthel
Member of SEW/OGBL

Le miracle finlandais en matière éducative – un leurre qui se confirme de plus en plus

Régulièrement mis en avant, le modèle éducatif finlandais, constitue « la référence » en matière d'enseignement pour de nombreux acteurs au niveau international.


Des hommes politiques aux enseignants, le monde entier semble être un inconditionnel du modèle éducatif finlandais. Durant de longues années, la réussite des élèves finlandais aux tests PISA et la dynamique positive de l'économie nationale ont « balayé » toute tentative de critique à l'égard de ce système. Pourtant aujourd'hui, le tableau ne semble plus être aussi idéal et des analyses plus approfondies et objectives de ce que propose la Finlande en matière d'éducation démontrent que les réformes des années 1990 ne portent plus et qu'aujourd'hui, le niveau d'éducation des Finlandais stagne et que les résultats de l'apprentissage sont en déclin¹.

Un récent rapport du ministère de l'Éducation et de la Culture finlandaise dresse un tableau plutôt sombre du système éducatif finlandais. Ce rapport révèle ainsi que le niveau d'éducation en Finlande stagne depuis l'âge d'or du début des années 1990 et que les résultats d'apprentissage des jeunes Finlandais sont en baisse constante depuis au moins le début du 21^e siècle. Les écarts sociaux en matière de résultats d'apprentissage et de réussite scolaire se sont également creusés ces dernières années.

« La dernière étape de la réforme, qui a débuté dans les années 1990, a été suivie quelques années plus tard par un déclin des résultats d'apprentissage obtenus et

Percentage of 25–34-year-olds with a university degree in OECD countries

2021



Source: OECD, Education at a Glance 2022, graphics: Jyrki Lyytikä / Yle



un plafonnement de l'élévation du niveau d'éducation des Finlandais», indique le rapport.

«Nous ne sommes plus la nation la plus éduquée. Nos jeunes ne sont plus les mieux formés et informés. On devra penser à des changements importants et radicaux qu'il faudra apporter», a déclaré Anitta Lehtikoinen, secrétaire permanente au Ministère de l'Éducation et de la Culture, en réaction aux résultats de l'étude.

Toujours selon ce même rapport, et bien que le niveau des résultats d'apprentissage obtenus par les jeunes Finlandais reste élevé dans de nombreuses études comparatives internationales, le déclin en Finlande a été remarquablement rapide. Celui des compétences en lecture et en mathématiques équivaut ainsi à plus d'une année entière d'apprentissage, certaines données suggérant même deux années. Cela signifie, par exemple, que les compétences en lecture d'un jeune de 15 ans équivalent aujourd'hui à celles d'un jeune de 14 ans - ou même de 13 ans - vers le milieu des années 1990².

De même, le rapport révèle que le pourcentage de personnes ayant un diplôme de niveau supérieur n'a pas augmenté en Finlande depuis la fin des années 1990, alors que d'autres pays ont enregistré des progrès significatifs dans ce domaine.

Parmi les 38 pays membres de l'OCDE, le pourcentage de personnes âgées de 25 à

34 ans ayant fait des études supérieures est passé ainsi de 27 % à 48 % au cours des deux premières décennies de ce siècle. En Finlande, par contre, la part de ce groupe d'âge ayant un diplôme universitaire n'a que légèrement augmenté, passant de 39 à 40 %. En conséquence, la position de la Finlande s'est largement dégradée par rapport aux autres nations industrialisées.

«En 2021, nous étions bien en dessous de la moyenne de l'OCDE, entre le Chili et la Turquie. Si nous n'avons pas forcément connu de détérioration absolue depuis les années 1990, partout ailleurs, l'augmentation du niveau d'éducation s'est poursuivie», a déclaré M. Kalenius, conseiller spécial au ministère de l'Éducation et de la Culture.

Une tendance similaire se dessine au sein de la population en âge de travailler, celle âgée de 25 à 64 ans. En 2011 encore, la part des personnes de ce groupe titulaires d'un diplôme de l'enseignement supérieur en Finlande était supérieure de près de huit points de pourcentage à la moyenne de l'OCDE, avec 39,3 % pour la Finlande contre 31,5 % pour la moyenne de l'OCDE. En 2021, 10 ans plus tard, ce dernier chiffre a grimpé à 41,1 % pour l'ensemble des pays de l'OCDE, proche de la part de la Finlande (42,3 %).

Interviewée lors du reportage télévisé, Maarit Korhonen, enseignante pendant 30 ans, critique de manière acerbe les résultats du classement PISA. Elle affirme que

le système finlandais, malgré ses bons résultats, reste démodé et replié sur lui-même. Loin d'être hautement performant, le système éducatif finlandais est devenu l'esclave de la «folie» PISA, s'assurant de répondre parfaitement aux mesures imposées par le classement, tout en laissant un nombre trop élevé d'apprenants en marge du système.

Selon son analyse, 2 enfants finlandais sur 3, reçoivent une éducation formatée et trop académique. Ils travaillent de manière intensive sur un programme dépassé, en utilisant des manuels obsolètes. Deux des problèmes majeurs sont que les enseignants continuent à développer un modèle unique d'apprentissage pour tous les enfants, tout autant que les réformes engagées encore récemment sont toujours évaluées par rapport aux résultats obtenus aux tests PISA.

Plutôt que de chercher de bonnes pratiques fondées sur des données probantes en matière d'éducation, les politiciens finlandais continuent à s'entêter avec PISA, comme s'il s'agissait d'une référence objective et d'un idéal à atteindre.

Ne commettons pas les mêmes erreurs au Luxembourg, comme nous continuons à participer à PISA, même si ce n'est plus qu'à raison d'un cycle sur deux.

¹ Reportage sur YLE News du 12 janvier 2023. YLE est la radio-télévision publique nationale finlandaise.

² Education review, Janvier 2023

Pressemitteilung vom 23. Mai 2023

Pressemitteilung

Die Ära Meisch – Bildungspolitik im Monolog

Mit dem Hashtag **#BildungamDialog** versucht Minister Meisch sich im Superwahljahr als volksnaher und dialogbereiter Sozialpartner darzustellen. Erst vor ein paar Tagen twitterte der Minister ebenso fröhlich wie realitätsfern: „OBLIGATION SCOLAIRE - Nom Dialog mat alle Partner huet d'Regierung leschte Freiden Amendementer ugehol!“.

Leidet der Minister vielleicht unter Realitätsverlust? Wen meint er denn bloß mit „alle Partner“? Welcher „Dialog“? Weder die OGJ – zahlenmäßig immerhin die größte Jugendorganisation Luxemburgs – noch das SEW/OGBL hatten einen Dialog mit dem Minister über die Verlängerung der Schulpflicht. Vor genau einem Jahr, am 19. Mai 2022, fand zum Thema der Schulpflicht in Abwesenheit des Ministers eine Sitzung mit rein informativem Charakter zwischen hohen Beamten des Ministers und dem SEW/OGBL und der OGJ statt. Seitdem: Keine Spur von Dialog zu dem Thema. Stattdessen: **Dialogverweigerung und Beratungsresistenz seitens des Ministeriums.**

Diese Dialogverweigerung des Ministers zieht sich wie ein roter Faden durch seine Amtszeit. Allein dieses Schuljahr blieben folgende Anfragen des SEW/OGBL und des Landesverbandes auf eine Unterredung unbeantwortet:

- 23. Dezember 2022 - SEW/OGBL, ACEN, Landesverband: Gemeinsamer Brief zu den „Altersdécharge“ für „Chargés de cours“;
- 6. Februar 2023 - Erneute Anfrage für eine Unterredung zum Thema „Altersdécharge“;
- 7. Februar 2023 - Anfrage für eine Unterredung zum Thema CDD / „Chargés de cours“;
- 28. Februar 2023 - Offener Brief zum Weltfrauentag, Anfrage für eine Unterredung
- 4. April 2023 - Brief an das „Comité à la formation professionnelle“/MENJE

Es scheint, als ob der Minister sich lieber auf seine PR-Kampagnen konzentriert als sich mit den Problemen im Bildungswesen ernsthaft auseinanderzusetzen. Zu dem Amt des Bildungsministers gehört aber auch, **sich mit kritischen Stimmen auseinanderzusetzen, denn in der Bildungspolitik geht es um mehr als um Stimmenfang für die nächsten Wahlen.**

Mitgeteilt von OGBL-Syndikat Erziehung und Wissenschaft (SEW), OGJ, „Comité Chargés de Cours“ – Landesverband-SEW/OGBL und Amelux, am 23. Mai 2023




Karikatur vum Carlo Schneider





Zanter 30 Joer Apple Partner vum Enseignement zu Lëtzebuerg.

Wielt haut déi richteg **Servicer** a **Produiten** fir en gelongenen IT-Projet an ärer Schoul.



- ▶ Berodung
- ▶ Installatioun
- ▶ Support-Formatioun
- ▶ Maintenance
- ▶ Locatioun-Finanzement

- ▶ iPad / MacBook / iMac
- ▶ Accessoiren
- ▶ Wifi-Réseau
- ▶ Projektioun / interaktiv Tafel
- ▶ Robotik / Coding

Fir e Projet mat Wäitsicht, kontaktéiert eis Apple Spezialisten fir d'Educatioun.

lineheart.lu/education • +352 44 68 44 - 1 • education@lineheart.lu

LINEHEART

 Authorised
Education Specialist



Mara Rossi
Member vum Comité fondamental

De Beruffsufank vun engem Enseignant: Vill Froen a Freed

Endlech! De Bachelor ass no 4 Joer of geschloss, de Concours ass gepackt an et weess ee wou een am September ufänkt mat schaffen. Déi éischt Hürden huet ee gepackt. An elo?

Ech denken déi Fro stelle sech vill fäerdig Studenten ier se reell um Terrain an de Beruff eraklammen. Wärend dem Studium hat een émmer ee wou engem zur Säit stoung an engem sot wat ze maachen ass, sief et d'Proffen oder d'Patrons de Stage. Elo ännert sech dat alles. Et huet een eng Klass eleng, oder et interveniéiert een a puer Klassen, et muss een seng Maile checken, de Scolaria ausfëllen, de Programm ausschaffen, etc.

Bis September stellt ee sech eng Hellewull u Froen an et probéiert ee sech beschtméiglich op d'Rentrée ze prépareréieren. Wann et da bis esou wäit ass, geet een dovunner aus et hätt een un alles geduecht. Hei ass awer en Dokument wou ee vergiess huet, do ass vläicht nach eng Onkloerheet mam Stonneplang. Et si vill Saache vläicht net esou wéi ee sech dat virgestallt huet. An di Nervositéit eréisch! Et léiert ee seng nei Aarbechtskolleege kennen, an all déi Kanner. Wéi soll een da némmen all déi Nimm verhalen?

Et muss ee sech bewosst sinn, dass déi éischt Wochen, Méint an esouquer Joren net émmer einfach sinn. Et fillt een sech vläicht iwwerfuerdert mat allem, et weess een net richteg wat een a verschidde Situations maache soll oder wien ee froe kann. Dofir ass et ganz wichteg ze verstoen, dass een um Terrain net eleng ass. Et huet een émmer héllefsbereet Aarbechtskolleege, déi engem énnert d'Äerm kenne gräifen. An et muss ee sech definitiv net schummen no Hélfel ze froen. Jidderee sätzt am nämmelechte Boot an huet dat nämmelecht d'Zil virun Aen, nämlech de Schüler eng beschtméiglich Bildung ze bidden. A wa jiddereen zesummen un engem Strang zitt, da kritt een dat an deene meeschte Situations och hin.

A gleeft mer eppes: Net just am Beruffsufank fillt ee sech a verschidde Momenter iwwerfuerdert an et stellt een sech a Fro. Och wann ee säit Joren an deem Beruff schafft, kann dat de Fall sinn.

Den Enseignantsberuff ass nämlech ni langweileg. Et trefft een émmer op nei Erousfuerderungen a virun allem op vill Ännnerungen. Dat mécht de Beruff awer och sou schéin.

D'Aarbecht mat de Kanner mécht Freed, och wann dat vläicht net all Dag de Fall ass, well et huet een och net émmer Klasse wou vun Ufank u gutt funktionéieren. Et muss een sech kleng Ziler setzen a sech virun Ae féiere wat ee schonn alles erreecht huet. Virun allem wann een déi éischt Progrèse bei de Kanner gesäit an och gesäit, dass se gär bei een an d'Klass kommen, da weess een erém firwat ee sech fir dee Beruff entscheet huet. D'Kanner sollen nämlech am Mëttelpunkt vun der Aarbecht stoen, a si sinn déi wou engem dee beschte Feedback könne ginn: Wann een no Joren al Schüler vu sech erém gesäit, mat hinne schwätz, si däin Numm nach kennen an der vill Geschichte kënnen erzielen, wat se an denger Klass erlieft hunn, da weess de, dass de alles richteg gemaach hues.

Dofir soll een ni verzweifelen, och wann et engem heiandsdo dono ass. Et muss ee sech émmer erém an d'Gediechtnes ruffe firwat ee sech fir dee Beruff entscheet huet a probéiere sái Bescht ze ginn, och wann de Wee net émmer einfach ass. All Dag ass en neie Challenge, an all Dag léieren net némmen d'Kanner eppes bei, neen, och en Enseignant wiisst an entwéckelt sech all Dag weider.

Enseignant ass fir mech mäin Draamberuff

Enseignant*e ass sécher een erausfuerderenden, an net èmmer einfache Beruff. Trotzdeem ginn et vill gutt Grënn, dëse Beruff ze ergräifen, well et ass a bleibt, zumindest an eisen Aen, dee schéinsté Beruff vun der Welt.
Hei e puer Temoignagen, déi mir gesammelt hunn:

Enseignante ass fir mech mäin Draamberuff, well et mir d'Chance gëtt, ganz vill Kanner an hirem Liewen an op hirem schoulesche Wee ze begleeden, ze ermutegen, ze férderen, Potenzial ze erkennen an hinnen Unerkennung ze ginn! *Sarah*

Ech si gären Enseignante, well et mir wichteg ass, déi zukünfteg Generatiounen op hirem Wee ze begleeden. *Lidia*

Ech si gär Enseignante, well ech d'Verantwortung kréien, eis Kanner auszebilden, déi d'Zukunft bilde wäerten. *Laureen*

Ech sinn Enseignant ginn, well et ee Beruff ass, an dem ee vill Positives bewierke kann an een d'Friichte vu senger Aarbecht däitlech an der Evolutioun vu senge Schüler gesät. *Inigo*

Ech si gäre Léierin, well ech d'Kanner an hirem Léierprozess, mä och an hirem Prozess vum Liewen op eng Aart a Weis énnerstëtzte wëll, déi si doheem eventuell net kréie kënnen. All Kand, egal aus wéi enger Schicht, egal a wat fir enger Kultur, egal mat wat fir Erfahrungen, huet eng anstänneg a gerecht Bildung verdéngt, esou wéi énnerstëtz a motivéiert ze ginn, a sech sécher a nëtzlech ze spieren. *Lilly*

Ech wëll gären Enseignant ginn, well ech d'Kanner op engem Stéck vun hirem Schoulparcours begleeden an hinnen eppes fir hiert spéidert Liewe mat op de Wee gi wëll. *Laurent*

Ech sinn Enseignant ginn, well dat gëtt mir eng Roll an der intellektueller Formatiou an Denkweis vun de Kanner, fir dass si sech op Basiswësse fokaliséieren a sech net ze vill op der kënschtlecher Intelligenz ausrouen. *Laurent*

Ech sinn énnert anerem gären Enseignante, well ech immens Freed drun hunn, mat de Kanner an d'Welt vun de Bicher an der Fantasie anzedauchen. Wann de Kanner hir Ae fonkelen, wann ech hinnen ee flott Buch virliesen, ass dat fir mech e Glécksmoment. *Joëlle*



Joëlle Damé
Präsidentin vum SEW/OGBL

Journée de réflexion zum Sujet Direktiounen a Schoulleedung

Den 18. Mäerz huet de Comité vum Enseignement Fondamental op enger Journée de réflexion de Modell vun den Direktiounen op de Leescht geholl.

2017 goufen d'Regionaldirektiounen am Enseignement Fondamental agefouert. De Schoulinspektor gouf duerch eng ganz Ekipp ersat, mat administrativem Personal un hirer Säit. Et gouf sech domat erhofft, dass ee méi reaktiv wier, wat d'Be soinen um Terrain ugeet, an och besser opgestallt wier, fir zum Beispill dee ganze Volet CI unzegoen.

Mat der Schafung vun den Direktiounen ass allerdéngs de Formalismus triumphal an de Schoulbetrieb amarschéiert. Gouf et énnert dem Inspektorat vill manner bürokratesch Aufgaben, an dat souwuel fir den Inspekteur wéi och fir den Enseignant, sou léissit déi neoliberal Ausrichtung vun der rezenter Schoulpolitik kaum nach Handlungsspielraum zou. D'Eenheetlechkeet an d'Norméierung sinn d'géllent Kallef am aktuelle Bildungssystem. Formulaieren a Prozeduren zu all méiglechen Aarbechtsvirgäng sollen dës garantéieren. Et verspréicht een sech doduerch eng méi grouss Bildungsgerechtegekeet, déi awer, entgéint allen Erwaardunge vu politescher Säit, net duerch dës Mesuren erreecht ginn ass. Dës Gouvernance huet esouquer déi absurd Konsequenz, dass an de Regionaldirektioune kaum nach Entscheidunge getraff gi können, an och d'Direkteren émmer méi zu rengen Exécutanten degradéiert ginn, déi de Message vun uewen no éinne weiderginn an drop uechten, dass d'Direktiven émgesat ginn.

Leider stelle mir fest, dass an enger ganzer Rei vu Regionaldirektiounen de Leadership iwwerdeems falsch verstanne gëtt. Anstatt den Enseignanten op Aenhéicht ze begéinnen, a si an hirer alldéeglecher Aarbecht um Terrain ze entlaaschten, gëtt probéiert si mat Drock a Repressioun kleng ze halen. Op ville Plazzen ass och den Enseignant just nach ee rengen Exécutant, an all Kritik an all a Fro stelle gëtt als stéierend empfonnt.

Eng Rei Direktore ginn an der Roll vu Vir gesetzten op, dee Muecht iwwert seng

Agenten ausübe kann, woubäi dëst wuel helleft iwwert d'Défaillancë vum System ewech ze gesinn, an och émsou méi liicht fällt, wat ee méi wäit vum Terrain an den Enseignanten ewech sätzt. Aner Direkte re resignéieren, respektiv maachen et wéi déi dräi Afen, a fanne sech domat of, dass si d'Aarbecht an hirer Direktioune no besch tem Wëssen a Gewëssen, a verschidder souguer mat der néideger Wäertschätzung fir d'Enseignanten, maachen. Na tierlech ginn et och Direkteren, déi der

Réckbléck

D'Monique Adam, fréier Präsidentin vum SEW/OGBL, ass op déi historesch Entwécklung agaangen.

Tatsächlech gouf et 1982 eng éischt Tentative, énnert dem Minister Boden, fir Direkteren anzeféieren. Zu dem Zäitpunkt sollten dat sougenannt Preposéé sinn. Den SEW/OGBL huet sech ee Joer laang mat Communiquéen an enger Petitioun géint d'Schafung vun dësen neie Poste gewiert. Mat Erfolleg: de Projet gouf ad acta geluecht.

An de 70er Jore sinn zu Stengenfort an an der Stad Lëtzeburg déi éischt Comités de cogestion entstanen, ee participative Modell, dee sech séier iwwert d'ganzt Land verbreedde sollt. Duerch d'Comités de cogestion gouf d'Schoulorganisatioun, d'Gestioun vun de Schoulen, sou wéi d'Zesummenaarbecht mat de

Gemenge vereinfacht, a gläichzäitig ware si e Garant fir d'Autonomie vun den Enseignanten.

Mat der Reform vun 2009 kruten d'Comitéen eng legal Basis, a goufen a Comités d'école émbenannt, mat engem President vum Schoulcomité un hirer Spëtz. Fir den SEW/OGBL war et een Erfolleg, dass si dës demokratesch Struktur am Gesetz verankert kruten. Allerdéngs goufen déi am Laf vun de Joren émmer méi instrumentaliséiert a mat absurdén Aufgaben a Pabeierkrom zugeschott a beschäftegt.

Den neoliberalen Afloss, an domat déi schlächend Hierarchiséierung an der Fonction publique, huet och net virun der Schoul Halt gemaach, an 2017 goufen d'Direktioune, no engem Accord vum SNE mam MENJE, agefouert.

Meenung sinn, dass an der lätzebuerger Schoul alles esou leeft wéi et soll sinn, an een den Däi-wel net un d'Mauer mole soll. Tout va pour le mieux dans le meilleur des mondes. Ebe just net fir d'Schüler an den Enseignant um Terrain.

A falls dann awer mol ee Problem um Terrain per Formular a Prozedur offiziell festgestallt gëtt, da komme selwer ernannt Experten, meeschentens mat wéineg bis kenger Kenntnis vum Terrain, a beléieren den Enseignant, vill ze dacks mat wéineg Versteesdemech a wéineg Vertrauen an d'Expertise vun désem.

Et leeft am Moment net gutt an eise Schoulen. Dat ass de Constat, deen ee maache muss, wann een als Gewerkschaft op d'Leit um Terrain lauschtert. „Mir si midd“, „et geet wierklech guer net méi“ an „ech sinn um Enn“ ass eppes, wat mir als Gewerkschaft vill ze dacks ze héiere kréien. Fir eis als SEW/OGBL ass de Problem systemesch, an zu engem groussen Deel duerch den aktuelle Leadership, mat de Regionaldirektiouen een Top-down-Modell, bedéngt.

An dem Kontext hu mir eis Käpp op der Journée de réflexion zesummegestach an alternativ Modeller vu Schoulleedung ugeduecht.

Den SEW/OGBL mécht sech schonn zanter Jore fir de Modell vun der Cogestioun staark. 2009 goufen d'Schoulcomitéen, déi zu dem Ament schonn op ville Plaze gutt funktionéiert hunn, am neie Schoulgesetz verankert.

Op eiser Journée de réflexion ware mir eis eens, dass den demokratesche Modell vum Comité de cogestion dee richtge Grondsteen fir eng effikass Schoulleedung ass. Dofir brauch et déi néideg Ressourcen, sou wéi och déi néideg Autonomie, fir dass d'Schoulcomitéen am Interessi vun der Schoul schaffe kënnen.

Ausserdeem ass fir den SEW/OGBL kloer, dass Formatiounen, Unterrechts- a Schoullentwicklung Organisatioun an de ganze Volet CI vu „banen“, aus der Schoul gesteiert solle ginn.

D'Membere vum Schoulcomité, gewielt vun allen Enseignanten aus der Schoul, geréieren d'Schoul a këmmeren sech ém d' Doleancë vum Schoulpersonal.

De Schoulcomité wielt de President vum Schoulcomité, sou wéi säin Adjoint. De President vum Schoulcomité muss a senger Roll gestäerkrt ginn. Gäre kann een dëse Posten och a Schoulleeder émdeeven. De Schoulleeder ass responabel fir de gudde Fonctionnement vun der Schoul souwéi d'Schoullentwicklung, an huet Entscheidungsbefugnis.

Nieft dem Schoulcomité soll all Schoul ee Sozialdéngsch hunn. Hei kéint den IEBS d'Coordination vun dësem sou wéi d'Gestioun vum Volet CI iwwerhuelen. Am Sozialdéngsch schafft eng multidisziplinär Ekipp, déi sech souwuel ém den Diagnostik wéi och d'Prise en charge vun den Ereb-Kanner këmmert. Dës Ekipp ass un d'Schoul attachéiert, wat souwuel Zäit aspuert well si sur place sinn, wéi och zu méi enger grousser Autonomie an domat Reaktivitéit um Terrain féiert.

Um nationalen Niveau bleift d'CNI bestoen a këmmert sech ém d'Koordinatioun an d'Zesummenaarbecht mat de Kompetenzzentren.

Mir brauchen dorriwwer eraus an Zukunft onbedéngt ee Sekretariat an all Schoul, dat déi administrativ Tâchen iwwerhuele kann. Dës Entlaaschtung kënnt net némmen den Enseignanten zegutt, mee och de Schüler, well esou méi Zäit fir déi wäertvoll pedagogesch Aarbecht bleibt.

Op regionalem Niveau kéinte mir eis Regionalbüro vun der Education virstellen. Dës garantéieren de Bléck vu baussen op d'Schoulen. U si kann een eruntrieden, wann ee Problem net mat de Kompetenzen um Terrain ze léisen ass. Ausserdeem wiere si Ulafstell fir d'Mediatiouen fir Enseignanten an Elteren, sou wéi bei eventuellen Disziplinarverfahren. Si kéinten och de ganze Volet Ausbildung mat Stage an Exame koordinéieren.

Andeems mir de Schoulen eng richteg Autonomie ginn, sou wéi déi néideg Ressourcen, fir mat de verschiddene Problematiken émzegoen, brauche mir déi ganz Bürokratie net, déi just dozou déngt, ze kontrolléieren ob d'Direktive vun uewe befollegt ginn. Rapporte gi just nach da geschriwwen, wa se eng wierklech Plus-value fir de Schüler hunn, an den Enseignant ka sech nees méi sengem eigentleche Kärgeschäft, dem Ënnerrichten, widmen.

Den SEW/OGBL huet déi politesch Partieie wësse gelooss, dass mir bereet sinn, eis mat hinnen un een Dësch ze setzen, eis Iwwerleeunge mat hinnen ze deelen an iwwert alternativ Modeller vu Schoulleedung ze schwätzen. Wann am Hierscht deen neie Koalitiounsaccord ausgeschafft gëtt, können d'Weichen nei gestallt ginn, an dës Chance sollen eis politesch Acteuren net versträiche loessen.

Circulaire de printemps 2023



Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft am OGBL

Avis du SEW/OGBL concernant la lettre circulaire de printemps 2023

D'entrée, le SEW/OGBL remercie les services du MENJE pour la consultation et la demande d'avis, réitère néanmoins la demande de l'année précédente pour des délais plus conséquents. En effet, notre avis a été demandé le 8 mars 2023 pour réponse le 20 mars 2023 au plus tard. Le SEW/OGBL regrette que le délai imparti ait été très court.

Par ailleurs, le SEW/OGBL demande qu'une première ébauche de la circulaire de printemps soit présentée aux syndicats au mois de février, ce qui laisserait le temps de l'adapter et de l'éditer avant la publication du contingent. Les écoles auraient alors la possibilité d'adapter ou de tenir compte de nouvelles mesures lors de l'établissement de leur organisation scolaire.

Le SEW/OGBL émettra ainsi quelques remarques quant au fond et à la forme.

4.1. Aide aux devoirs

Nous regrettons que l'aide aux devoirs annoncée soit en fait de simples études surveillées. Nous ne pensons pas que cette mesure ait un réel impact sur les inégalités en matière d'éducation.

En ce qui concerne l'*E-Bichelchen*, il est important de rappeler que la mise en réseau et un échange régulier entre les différents acteurs a toujours existé. La communication peut très bien se faire sans un outil numérique, et pourtant être fructueuse. En ce sens, cet outil est superflu.

Nous saluons cependant que la circulaire ne mentionne pas une utilisation obligatoire de l'*E-Bichelchen*. Nous estimons donc que chaque titulaire de classe puisse continuer à choisir lui-même le meilleur canal de communication pour les parents et les structures d'accueil.

5.1. Alphabétisation en français

Texte 2022:

Même dans les communes à plus faible nombre d'habitants, il est indispensable d'offrir les deux variantes d'alphabétisation pour éviter que des élèves ne soient contraints de fréquenter une école dans une autre commune que celle dans laquelle ils habitent. Il va de soi que les élèves sont répartis en deux groupes séparés pour les domaines de développement et d'apprentissage langagier et en mathématiques en fonction de la variante d'alphabétisation choisie et ne sont regroupés que pour les domaines de développement et d'apprentissage précisés ci-dessus.

Projet 2023:

- alphabétisation parallèle en français et en allemand le cas échéant au sein d'une classe, divisée en deux groupes séparés pour les cours d'alphabétisation ainsi qu'une certaine flexibilité en ce qui concerne l'utilisation des langues véhiculaires dans tous les domaines de développement et d'apprentissage. Dans la plupart des domaines de développement et d'apprentissage, les élèves suivront des cours communs ;

Ce qui "va de soi" en 2022 pour la langue véhiculaire en maths et éveil aux sciences - à savoir une répartition des élèves en groupes selon la langue d'alphabétisation - ne semble plus préconisé en 2023. Par contre, la formulation floue "une certaine flexibilité" utilisée dans le projet pour 2023-2024, indique les incertitudes qui marquent l'instauration d'un tel projet pilote. L'arbitraire, et non une approche didactique scientifique, pourra s'introduire.

Pareilles imprécisions quant à l'utilisation du matériel didactique:

Alors que, en 2022, il était encore précisé que le matériel de l'Ecole européenne ne serait utilisé que pour le français et l'allemand:

Dans une première phase, il est proposé d'utiliser, tant pour l'alphabétisation en français que pour l'apprentissage de l'allemand (en tant que 2^e langue), le matériel didactique du système des écoles européennes, matériel qui a fait ses preuves auprès de milliers d'élèves à travers l'Europe et notamment dans les écoles européennes et internationales publiques au Luxembourg.

on préconise l'utilisation du matériel des Ecoles Européennes pour 2023-2024 dans *toutes* les branches, donc aussi en maths et sciences :

- utilisation, pour les élèves alphabétisés en langue française, du matériel didactique des classes des écoles publiques à programmes européens ;

Par ailleurs, nous avons eu de premières informations de collègues impliquées que ce matériel ne paraît souvent pas adéquat aux situations, compétences et besoins des élèves qui devraient profiter d'une alphabétisation française dans une école luxembourgeoise.

Finalement, le maintien des socles de compétences du plan d'études, mais inversés, nous semble difficilement atteignable. Nous exigeons dès maintenant des chiffres clairs, une fois que le premier groupe arrivera au C4.2.

Nous saluons la promesse de premiers résultats pour 2025. Cependant, ils ne concernent que le C2, puisque ce premier groupe sera alors en C3.1. 2025 est bien trop tôt pour des résultats définitifs et la décision d'une éventuelle généralisation de la mesure. À ce moment-là, nous n'aurons pas encore les données sur tout le parcours scolaire au fondamental et le niveau atteint dans les langues au C4, avec une alphabétisation en français.

5.7 Summer school

La *summer school* est décrite comme un grand succès, sans toutefois indiquer les données qui permettent une telle affirmation. S'agit-il ici du nombre de participants ? Des résultats de ces participants aux épreuves standardisées ? Si ce n'est pas le cas, il faudrait éviter de vanter certaines mesures, car la circulaire de printemps n'est pas un document de propagande !

De toute façon, il reste à prouver que 10 heures de *Summer school* par élève permettent de réduire le retard scolaire et de rendre possible une rentrée à chances égales.

5.14 ONE

Nous saluons que les liens entre le ONE et l'école seront renforcés. Nous espérons que cela permettra une prise en charge rapide, sans lourdeurs bureaucratiques.

6. La scolarisation des enfants étrangers

A ce qui paraît, de nombreuses aides sont disponibles. Nous nous demandons cependant pourquoi elles peinent à arriver auprès des titulaires de classe. Ces derniers se sentent souvent seuls quand ils sont confrontés à ces situations.

Post-scriptum

Nodeems mir eisen Avis zur circulaire de printemps eragereech haten, krute mir vum MENJE nach follgend Präzisiounen.

Zum Punkt 5.1:
Wat d'Benotze vum didaktesche Material vun den europäesche Schoulen ugeet, sou ass keng Ännierung virgesinn. Den Text gouf fir eng besser Lisisibilitéit gekierzt, an ass dowéinst méi flou op dem Punkt.

Zum Punkt 5.7:
De Succès vun der *summer school* gëtt hei eleng un den Zuele vun de Schüler:innen festgemaach, déi deelhuelen.

Et besti keng Donnéeën déi besser schoulesch Resultater beleeën. Vum MENJE gouf eis bestätegt, dass een net dovun ausgoe kann, dass an e puer Stonne summer school de schoulesche Retard vun engem Joer kann opgeschafft ginn.



Pascal Hansen
Vizepräsident vun de Chargé(e)s de cours beim SEW/OGBL-Landesverband

Schluss mat den illegale Kontrakter fir d'Chargé(e)s de cours

Quasi all fest engagéierte Chargé(e) de cours weess wéi schwierig et ass, fir no jorelaanger Aarbecht am Enseignement fondamental endlech e CDI an, ergo, eng fest Aarbeitsplatz vum Educatiounsmistère ze kréien. Zesumme mat de Kolleginnen a Kollege vum SEW/OGBL an der ACEN hate mir den 29. Mäerz 2023 op eng Pressekonferenz invitíert.

Zanter Joerzéngten ass et Praxis am Educatiounsmistère fir de Chargé(e)s de cours während Jore just en einfache CDD – also en zäitlech befristeten Aarbeitskontrakt – ze proposéieren. Mir als SEW/OGBL-Landesverband setzen eis schonn zanter enger Rei Joren dofir an, dass déi Chargé(e)s de cours e feste Kontrakt kréien.

Dobái welle mir hei op dëser Platz déi gutt Zesummenaarbecht mat de Beamten am Ministère ännersträichen: et ass net hir Decisioun, d'Chargé(e)s de cours während Joren hinzehalen. Et ass vill méi d'Astellungspolitik vun de politesch Responsabelen – also un éischter Stell dem Educatiounsmistre Claude Meisch – déi un deenen onzoumuttbaren Aarbeitskonditiounen schold ass. De Minister hält bëllegend a Kaf, dass honnerte vu Chargé(e)s de cours Probleemer kréien, fir mat hire CDDen e Bankkredit kënnen opzehuelen oder – an dat gëtt och èmmer méi heefeg – e Locatiounsbail offréiert ze kréien.

Dobái steet déi inhuman Astellungspolitik vum Minister net am Aklang mat der Verfassung. D'Verlängerung vun de CDDen iwwert dat zweet Joer eraus ass verfassungswiddreg. Dat huet d'Verfassungsgericht schonn 2006 festgestallt. Allerdéngs



hat d'Verfassungsgericht an der aler Verfassung keng weider Pouvoiren. Déi politesch Responsabel sinn der Meenung, dass se d'CDDen *sine die* kënne verlängeren. An esou huet d'Politik et net fir néideg fonnt, dee Passus ze änneren.

Bis haut net! An dat ass skandaléis. All private Patron muss sech un d'Gesetz halen a sengen Employé(e)en no zwee Joer zäitlech befristeten Aarbeitskontrakter e CDI offréieren. Just de Lëtzebuerger Staat

hält sech net u seng euge Gesetzer. Mir hunn als SEW/OGBL-Landesverband an dësem Zesummenhang scho méi wéi eng Kéier Entrevuë mam Minister Meisch uegfrot. Déi leschte Kéier iwwregens de 07. Februar dëst Joer. Resultat: mir krute bis haut keng Äntwert op eis Courrieren – nach net emol en Avis de réception.

A vill Chargé(e)s de cours traue sech net géint dat Onrecht unzegoen – aus Angscht kee weidere CDD méi proposéiert ze kréien.

Keng Gehaltserhéijung fir Leit mat CDD: eng Ongerechtegkeet!

Traureg an e richtegt Aarmutszeugnis säitens de politesch Responsabelen am Ministère ass et awer, dass d'Chargé(e)s de cours am Fondamental mat engem CDD – also, déijéineg, déi et am meeschte bréichten – net vun der Gehaltserhéijung op den éischten 100 Punkten kënnne profitéieren. Esouwuel de Ministère wéi och d'CGFP, déi de Gehälteraccord verhandelt haten, hunn eis Chargé(e)s de cours mat CDD einfach «vergiess» ...

Anescht gesait et bei de Chargé(e)s de cours mat CDD am Secondaire aus. Well déi nom Punktesystem beim Staat bezuelt ginn, profitéiere si vun deem Accord salarial.

56 Chargé(e)s de cours kruten e CDI duerch den SEW/OGBL-Landesverband

Dëst Schouljoer ass et dem SEW/OGBL-Landesverband gelongen, fir 56 Chargé(e)s de cours e feste Kontrakt ze erkämpfen. Si kréien ab September 2023 elo endlech e CDI. Selbstverständlech bleiwe mir um Ball a kämpfen alt nees op en Neits fir all déi Chargé(e)s de cours, déi a Fro kommen fir och e CDI ze kréien.



Als SEW/OGBL-Landesverband setze mir eis awer weider dofir an, dass déi Ongerechtegkeet en Enn kritt an all Chargé(e) de cours no zwee Joer zu sengem Recht kënnt an endlech e feste Kontrakt, e CDI kritt. Mir hunn dës Fuerderung an d'Wal-préifsteng opgeholle a stellen déi Fro allen demokratesche Parteien. A mir hoffen an deem Kontext op e politesche Sënnnes-wandel no de Walen am Oktober.



e-Bichelchen

FAQ

Soll d'E-Bichelchen dat traditionellt Bichelchen ersetzen?

Fir den Ament ass d'E-Bichelchen net obligatoresch an an der Pilotphase. D'E-Bichelchen ass en digitalen Tool fir Informatiounen téscht Schoul, Elteren a Betreibungsstruktur auszetauschen. Dat traditionellt Bichelche kann ee weiderhin, oder parallel dozou benotzen.

Wéi eng Reegelen aus dem generelle Datenschutzreglement muss de MENJE beim E-Bichelchen respektéieren?

Bei der CNPD krut den SEW/OGBL erklärt, dass besonnesch d'Anhale vu follgende Reegele beim E-Bichelchen wichteg ass.

- 1) De Prinzip vun der Dateminimisierung bedeut, dass némmen déi noutwenneg Donnéeën traitéiert ginn.
- 2) Zu der Sécherheet vun den Donnéeën gehéiert, dass némmen déi Persounen Accès op d'Informatioune kréien, déi se och brauchen.
- 3) De Prinzip vun der Limitatioun vun de Finalitéiten verbitt d'Benotze vun den Informatioune fir een aneren, net kompatibelen Zweck.

Kann den Direkter mech iwwert d'E-Bichelchen kontrolléieren a sanktionéieren?

Neen, well hei gëllt de Prinzip vun der Limitatioun vun de Finalitéiten. Dat heescht, dass wann eng Persoun Accès op Informatiounen huet, an dësem Fall de Schouldirekter op d'E-Bichelchen, da kann déi Persoun d'Informatiounen net fir een aneren, net kompatibelen Zweck benotzen. D'Finalitéit vum E-Bichelchen ass d'Kommunikatioun téscht Schoul, Elteren a Betreibungsstruktur. Et duerf deemno zu kengem aneren Zweck benutzt ginn.

Duerf den Enseignant d'E-Bichelchen eréischt no sengem Cours ausfüllen?

Neen, mir krute vum MENJE bestätegt, dass dëst net esou ugeduecht ass. Den Enseignant füllt d'E-Bichelchen zu dem Moment aus, wou hien et fir opportun fénnt.

Communiqué de presse

Il ne faut pas brader l'éducation de nos enfants

Lutter contre la pénurie de personnel enseignant au Luxembourg. Voilà le but d'un nouveau Bachelor en formation pédagogique proposé par l'Université du Luxembourg et présenté au début du mois de mars 2023 par le ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse Claude Meisch. Cette nouvelle offre semble alléchante : avoir un Bachelor dans un domaine lié à l'éducation et y ajouter encore une année d'études, pour finalement avoir accès à la profession d'enseignant dans les cycles 2, 3 et 4 de l'école fondamentale.

Ce nouveau Bachelor remplacera alors le programme des « Quereinsteiger », actuellement en place, pour remédier exactement à cette même pénurie. En effet, il y a 5 ans, selon le ministère de l'Education nationale, ce programme a vu le jour afin de « répondre à la pénurie de diplômés en sciences de l'éducation ». Force est de constater que 5 ans plus tard, malgré cette ouverture, rien n'a changé. Plutôt alors que de remédier aux causes profondes de la pénurie de personnel enseignant, le ministre Meisch instaurera un « Quereinsteiger bis ».

Avec ce nouveau Bachelor en formation pédagogique, il y aura alors deux possibilités pour devenir enseignant à l'Ecole fondamentale :

- Avoir un Bachelor en sciences de l'éducation à l'Université du Luxembourg, avec notamment 30 semaines de stages au plus près des élèves, dans tous les cycles de l'école fondamentale.
- Avoir un Bachelor dans un domaine lié à l'éducation, suivi d'une formation d'une seule année pourtant appelée Bachelor en formation pédagogique, avec seulement 6 semaines de stages dans deux cycles.

Rien qu'en comparant les chiffres, il est aisément de dire que cette nouvelle voie risque de produire des enseignants moins bien préparés à la réalité du terrain, moins bien formés pour faire face aux nombreux défis dans l'éducation des générations futures. Des enseignants, qui, une fois confrontés à la réalité du terrain, risqueront de quitter l'enseignement pour mettre à profit leur premier Bachelor.

Cette nouvelle formation constitue également un désaveu et une dévalorisation de la voie classique, qui produit pourtant des enseignants bien armés pour relever les défis d'un milieu scolaire plurilingue et multiculturel.

Or, plutôt que de coller un pansement sur une jambe de bois et de dévaloriser la formation établie, le ministre Meisch aurait mieux à faire pour lutter concrètement contre la pénurie de personnel enseignant au Luxembourg. Pourquoi ce métier n'intéresse-t-il plus les jeunes ? Pourquoi les enseignants actuellement en poste s'en détournent-ils ou ne travaillent-ils qu'à temps partiel ? Voilà des questions qu'il aurait dû se poser il y a 5 ans et qui restent toujours d'actualité.

Communiqué de presse

Le SEW/OGBL ne cesse d'alerter sur les conditions de travail dégradées des enseignants du fondamental, entre la charge administrative de plus en plus lourde, un manque de soutien ressenti de la part des directions régionales ou encore le défi de l'hétérogénéité de la salle de classe que les enseignants doivent affronter sans moyens supplémentaires.

Il est grand temps de réagir face à la pénurie d'enseignants, mais dans le respect du personnel enseignant actuel ainsi que des étudiants du Bachelor en sciences de l'éducation!

**Communiqué par syndicat Education et Sciences (SEW) de l'OGBL,
le 20 mars 2023**

Die Ecole Internationale Differdange & Esch/Alzette – Mangel an Transparenz in der Parallelwelt

Vor gut sieben Jahren öffnete die erste öffentliche Europaschule, die EIDE, ihre Türen. Von Minister Meisch wird dieses neue Schulmodell bekanntlich als revolutionär und neuer, unerlässlicher Bestandteil der luxemburgischen Bildungslandschaft angepriesen. Doch dieses Schulmodell stösst allerdings – zurecht – auf viele Fragen und Kritik, was nicht zuletzt auch im aktuellen Wahlkampf immer wieder thematisiert wird. Es fehlt in der Debatte an Transparenz, es herrscht nach wie vor viel Unwissenheit. Vorweg – die Situation in der EIDE ist bei weitem nicht so glänzend wie die goldene Fassade ihres neuen Schulgebäudes. Dieser Artikel soll einen Beitrag zur Diskussion darstellen und die generelle Frage aufwerfen: braucht Luxemburg wirklich eine öffentliche Europaschule?

Ein unlauteres Bewertungssystem

Die Benotung in öffentlichen Europaschulen folgt einem anderen Muster als im traditionellen Schulsystem. Im cycle inférieur (S1-S3) werden die Noten in Buchstaben ausgedrückt, von A (sehr gut) bis F bzw. Fx (ungenügend). Ab der S4 werden die Noten auf einer Skala von 0 bis 10 ausgedrückt, wobei alles unter 5 ungenügend ist. Interessant ist aber nun die Unterscheidung zwischen einer A- und einer B-Note. Die B-Note ist die Note, welche sich klassisch aus den Prüfungen, also aus den fachlichen Kompetenzen des Schülers, ergibt. Die A-Note hingegen beurteilt das gesamte Betragen des Schülers: ist er anwesend, macht er seine Hausaufgaben, beteiligt er sich am Unterricht usw. Beide Noten sind gleichberechtigt und ergeben zum Jahresende die C-Note, welche jedoch nicht dem arithmetischen Durchschnitt entsprechen muss und im Ermessen des Lehrers liegt. Sprich für die Endnote ist die Tatsache, ob ein Schüler ein schönes Heft hat oder ob er im Unterricht mitarbeitet, eben so bedeutend wie seine Kenntnisse im jeweiligen Fach. Und dies gilt auch genauso für die Abschlussklassen! Was sagt dies über die Fachkompetenz der Schüler im Vergleich zum nationalen Schulsystem aus?

Wie bereits angesprochen, liegt die Notenvergabe im Ermessen des Lehrers, da dieser im Vergleich zum nationalen System diesbezüglich über einen größeren Spielraum verfügt. In der

Praxis bietet diese Tatsache jedoch noch mehr Spielraum zur Verschönerung der Noten. Es gibt zahlreiche Berichte von Lehrkräften, welche von der Direktion gedrängt wurden, die Noten anzuheben. Doch nicht nur auf die jeweilige Notenvergabe übt die Direktion systematisch Druck aus. Es gibt keine klar definierten Promotionskriterien in der EIDE. Ob ein Schüler weiterkommt, wird Fall für Fall im Klassenrat abgestimmt – dies geschieht nicht anonym, sondern vor sämtlichen Kollegen im Saal (darunter auch systembedingt viele, welche den Schüler nicht selbst unterrichten, trotzdem im Klassenrat anwesend sind). Ein weiteres Terrain, in welchem die Kollegen unter Druck zur Abstimmung gezwungen werden.

So kam es zum Beispiel vor, dass in einer Klasse ein Schüler mit sechs Ungenügenden weitergekommen ist, ein Schüler mit gleichem Notendurchschnitt und «nur» fünf Ungenügenden hingegen das Jahr wiederholen musste. Ein Weiterkommen à la tête du client? Das Weiterkommen war ersterem Schüler jedenfalls gewiss, Nachexamen gibt es in diesem System ohnehin keine. Es ist selbstverständlich, dass Schüler mit drei oder vier Ungenügenden, ganz egal wie tief diese sind, einfach weiterkommen, ohne je die fachlichen Lücken aufarbeiten zu müssen. Es gibt zudem keine Gewichtungen zwischen den Fächern mit Koeffizienten. Sport zählt so viel wie Mathematik, Geschichte so viel wie Französisch. Unabhängig davon, wie man dieses Bewertungssystem im Vergleich zum traditionellen System finden mag, so muss man doch anerkennen, dass hier mit zweierlei Maß gemessen wird.

Luxemburgisch zählt nicht

Seit zwei Jahren zählt Luxemburgisch in der EIDE nicht mehr als eigenständiges Fach und hat keinen Einfluss auf den Notendurchschnitt. Die Degradierung dieses Faches begründet sich angeblich durch Vorgaben aus Brüssel. Die Luxemburgischlehrer wurden von heute auf morgen vor die Tatsache gesetzt, dass ihr Fach nicht mehr zählen würde. Zu behaupten, die luxemburgische Sprache würde in der EIDE gefördert werden, ist eine dreiste Lüge. Im Secondaire (S1-S3) haben die Schüler 2 Einheiten (à 45 Minuten), im Primaire 1-2 Einheiten pro Woche. Dies sind reine Alibi-Veranstaltungen und rei-

chen definitiv nicht aus, um unsere Sprache zu erlernen. Tatsache ist jedoch, dass die meisten Schüler in der EIDE auf der S1 Luxemburgisch können, da sie aus einem luxemburgischen Primaire kommen. Darunter sind sehr viele Kinder ausländischer Herkunft, insbesondere portugiesische Kinder. Sie sprechen Luxemburgisch, vielleicht nicht immer perfekt, doch sie sprechen es! Die Kinder ausländischer Herkunft jedoch, welche den Primaire in der EIDE durchlaufen haben (P1-P5), beherrschen auf der S1 noch nicht einmal Small-talk auf Luxemburgisch. Inwiefern kann man demnach behaupten, die Kinder würden Luxemburgisch in der EIDE erlernen? Dies entspricht nicht den Tatsachen, die Sprache wird dort nicht gelebt, im Gegenteil, sie wird verdrängt und sogar verlernt.

